# Conseil communal

## Séance publique du 12 avril 2013

***Durée de la séance:*** *09.45 à11.15 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) | |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV) - jusqu'au pt 7.4. incl.<br>**Polfer John** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Mertzig Romain** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Gilbert** (DP)<br>**Thein Joé** (adr) |

**Absents et excusés:**

**Linden Jeannot**, 3e échevin (LSAP)
**Gira Carlo** (CSV) - à partir du point 8
**Rosenfeld Romain** (CSV)

## ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (09.30 heures)**

1. Personnel: Nomination d'un salarié (m/f) sous le statut du travailleur handicapé - décision.
2. Enseignement: Demandes de dérogation au règlement d'occupation des postes par quatre institutrices - décisions.

**Séance publique (09.45 heures)**

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale: Démission et nomination d'un membre dans la commission de l'Intégration - décision.
5. Personnel: Création d'un poste de rédacteur (m/f) et suppression d'un poste d'expéditionnaire administratif (m/f) - décisions.
6. Enseignement: Approbation de la liste d'ancienneté des instituteurs de l'organisation scolaire 2012/2013 - décision.
7. Propriétés
   - 7.1. Approbation de l'acte avec M. Guiseppe Nardella et Mme Maria Villani relatif à la cession d'un terrain à Pétange, rue de la Piscine - décision.
   - 7.2. Approbation de l'acte avec M. Henri Joseph Nangeroni et Mme Danielle Nangeroni relatif à la cession d'un terrain à Pétange, rue de la Résistance - décision.
   - 7.3. Approbation du nouveau contrat de bail avec les époux José Carlos Bastos et Alessandra Do Nacimento Bezerra pour la location d'un logement communal à Pétange, rue Prince Jean n° 2 - décision.
   - 7.4. Changement d'affectation de l'ancien presbytère à Lamadelaine - décision de principe.
8. Environnement: Approbation du diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la Commune - décision.
9. Culture: Approbation de la convention avec le Ministère de la Culture relative au Parc Industriel Ferroviaire du Fond-de-Gras - décision.
10. Vie associative
    - 10.1. Statuts de la nouvelle société « Africalor - section luxembourgeoise » - information.
    - 10.2. Changements des statuts de l'asbl « Les Amis du Chien de Lamadelaine » - information.

# COMPTE RENDU

## 1. et 2.

**Les points 1. et 2. de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public la décision suivante:

Madame Veronica Brosius, demeurant à Rodange, est engagée comme salariée à tâche intellectuelle ayant le statut du travailleur handicapé pour compléter l'équipe de la recette communale avec effet du 1er mai 2013.

## 3.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech begréissen iech an der ëffentlecher Sëtzung vum Gemengerot. Et ass keen zevill laange Gemengerot, mä et sinn awer wichteg Punkten, déi mer haut wëllen evakuéieren. Mer haten elo schonn eng Geheimsëtzung, an do hu mer eng Madame Veronica Brosius vu Rodange engagéiert als „salariée à tâche intellectuelle" ënner dem Statut vun engem „travailleur handicapé", an dat fir d'Équipe an der Recette an och an de Finanzen ze verstäerken a fir do eng Rei Aufgaben z'iwwerhuelen. An deem Kader wäerte mer och haut nach eng aner Entscheedung treffe fir dee ganze Finanzservice opzewäerten.

## 4.

**Administration générale.**

Démission et nomination d'un membre dans la commission de l'intégration – décisions.

**Breyer Roland, Schäffen:**

D'Integratiounskommissioun ass jo eng gesetzlech Kommissioun, déi duerch e Reglement vum 19. November 2001 festgehale ginn ass, wat relativ kompliziéiert ass an der Ausleeung. Mer hunn eis och eng Kéier d'Méi gemaach fir nach eng Kéier genee de Werdegang an de Fonctionnement vun deem Reglement ze kucken an och hei eventuell z'erklären. Firwat? Ma well mer eng Demissioun virleien hu vum Alen Alomerovic, deen den 30. Januar 2012 genannt gouf an elo net méi an der Gemeng wunnt. D'Reglement gesäit vir, datt, dee Moment, wou e Member vun der Kommissioun seng Residenz net méi an der Gemeng huet, en automatesch „démissionaire" ass an datt de Gemengerot an deenen 3 Méint duerno miisst e Remplaçant sichen.

Wéi geschitt dat? Den 30. Januar 2012 hu mer d'Reglement ëmgesat an 11 „membres effectifs" gestëmmt an och 11 Suppléanten. Dat war esou wéi et festgehale gouf. Mer hunn elo de 5. Abrëll eng Kandidatur erakritt an der Persoun vum Joé Thein. Hie géif sech interesséiere fir dee fräie Posten an der Integratiounskommissioun. Fir datt mer awer kënnen iwwer seng Kandidatur bestëmmen, miisst hien op der Lëscht vun de Suppléante stoen. An déi Lëscht vun de Suppléante gëtt awer duerch en ëffentlechen Appel gemaach. Mer hunn eng Lëscht vun 11 Suppléanten do, esou datt mer net agesinn – an et ass och net virgesinn am Règlement grand-ducal – , datt all Kéier, wann een demissionéiert, d'Lëscht opgefëllt muss ginn. D'Lëscht gëtt eréischt dee Moment opgefëllt, wann et ufänkt enk ze ginn. Wann een zum Beispill seet, et huet een nach 3 oder 4 Suppléanten drop, da muss een eventuell opfëllen. An da muss en ëffentlechen Appel gemaach ginn. Aus deem Grond ass déi Kandidatur, déi den Här Thein eis eraginn huet, net recevabel a se kann och net elo hei a Betruecht gezu ginn.

Mer mussen elo aus der Lëscht vun deenen 11 Suppléanten, déi mer den 30. Januar 2012 opgebaut hunn, eng Persoun eraussichen, déi dann déi definitiv Plaz anhëlt. Zum Fonctionnement vun der Kommissioun soll och gesot ginn, datt déi sech an hirer nächster Sëtzung e klengt internt Reglement soll ginn. An zwar wéi se soll funktionéieren. Well nom Arrêté grand-ducal vum 15. November 2011 ass dat relativ vague gehalen an deem Sënn, datt sämtlech Kandidaten – esou gutt d'„membres effectifs" ewéi och d'Suppléanten – mussen an d'Sëtzung geruff ginn. Theoretesch hu mer dann all Kéier eng Convocatioun, wou 22 Leit hei setzen. Da stellt de Sekretär fest, ob de Quorum voll ass. Wann e feststellt, datt der nëmmen 10 do sinn, da schléit de Sekretär vir, een eropzehuele vun de Suppléanten, deen dann effektiv kënnt.

Stellt iech vir, et wier hei am Sall. Déi 11 Leit sëtzen do a waarden, datt se bäikommen. A wa se da gesinn, datt ee feelt, dat gëtt een eropbestëmmt. Wann der 2 feelen, da ginn der 2 eropbestëmmt. Well dat esou kompliziéiert ass, muss ee sech einfach Disziplinne ginn. Eng wier, datt mer de „membres effectifs" an de Suppléante soen, se sollen sech ofmellen, wann se net kënne kommen, well d'Invitatioune gi jo am Prinzip 14 Deeg virdrun eraus. Da kann de Sekretär dat schonn am Virfeld maachen, an d'Leit mussen net onbedéngt kommen. Ausser si wéilten als Beobachter derbäi sinn. D'Invitatioun kréien se op alle Fall nach ëmmer. Mä da wéissten se awer, ob se drukommen oder net. Et kann natierlech ëmmer sinn, datt een am leschte Moment net ka kommen. Da muss de Sekretär opgronn vun enger Lëscht – chronologesch opgebaut an och dem ABC no an „à tour de rôle" – en Appel maachen, esou datt all Mënsch, deen op där Lëscht steet, och eng Kéier eng Chance kritt vu Suppléant op „membre effectif" erop ze goen.

Iwwer dat klengt Reglement wäerten déi eenzel Kommissiounsmemberen diskutéiere wa se zesummekommen. Mat der Ausnam, datt mer 2 oder 3 Kategorië vu Mandater hunn. Am Gesetz steet, datt e Member vum Schäfferot dra muss sinn. Do hu mer also e Vertrieder vum Schäfferot als „membre effectif" an een als Suppléant. Do ass en Tandem-System, well do muss garantéiert sinn, datt ee vum Schäfferot dran ass. Datselwecht gëlt och fir de Gemengerot, wou och e Vertrieder dra muss sinn a wou och en Tandem-System besteet. An all déi aner sinn an engem Däppen, well do d'Gesetz näischt virschreift, watfir Awunner an der Kommissioun dra sinn. Dat ass einfach fräigestallt an dat soll dem Wëlle vun der Kommissioun entspriechen oder deem entspriechen, ewéi d'Leit hei bei eis sinn. Dat ass effektiv Zukunftsmusek.

Haut musse mer also aus där Lëscht vun 11 Suppléanten, déi mer hunn, eng Persoun ukräizen, déi dann de Statut vum „membre effectif" géif kréien. Op alle Fall definitiv. An déi aner kënne vum Suppléant op „membre effectif" komme wann e Poste fräi ass, also „en fonction" vun de Präsenzen an de Sëtzungen.

Elo dann den Appel un déi Kandidaturen, déi do sinn. Se sinn alleguerten opgezielt, och déi vum Schäffen- a Gemengerot, well mer se jo net kënnen ausschléissen. Mä et wier am Fong geholl net fir ee vun deenen ze stëmmen, well déi si jo an engem anere Kader, wéi ech virdru gesot hunn. Déi solle sech

am Tandem-System ersetzen. De System ass komplizéiert doduerch datt d'Gesetz esou vague ass. D'Interpretatioun ass awer ofgestëmmt gi mam Distriktskommissariat, esou datt mer do „en toute connaissance et en toute légalité" kënne verfueren.

**Welter Gilbert (DP):**

Ech hu just eng Fro: ech weess, datt den Här Alomerovic an der Integratiounskommissioun war an hien hat kee politescht Mandat. Dat heescht, hie war als Neutralen do eragewielt ginn. Ech wollt wëssen, ob bei deene Suppléanten och Neutraler sinn, well déi - menger Meenung no – Prioritéit hätten?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Also et ass esou, datt mer, fir d'Kommissioun opzesetzen, deemools e bësse vu Parteie geschwat haten. Dat gesäit d'Gesetz awer net vir. D'Gesetz gesäit keen Ënnerscheed tëscht deem engen an deem aneren. Mer hu vun elo u just Persounen aus der Bevëlkerung. Ganz am Ufank war den Här Alomerovic als Awunner gestëmmt ginn, a mer hunn och nach eng aner Persoun do, déi als Awunner als Suppléant gestëmmt gouf.

Et gëtt keng politesch Verhältnisser an där Kommissioun. Et ass kee System, wou proportional no de Parteie muss opgebaut ginn. Hei ass en ëffentlechen Appel gemaach ginn, wou all Mënsch sech konnt mellen. Deen nächsten ëffentlechen Appel gëtt einfach iwwer d'Press gemaach, oder op dem internen, respektiv externe Wee. Do mellt all Mënsch sech, dee wëllt, an de Gemengerot entscheet dann.

**Welter Gilbert (DP):**

Dat heescht, datt déi politesch Mandater benodeelegt waren. Déi Kéier virdrun, wéi mer déi Kommissioun gestëmmt hunn, hu mer Neutraler mat erageholl, déi mer guer net hätte misse mat eranhuelen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dach. Et soll jo eng Vertriedung sinn. Et solle jo am Fong geholl keng politesch Vertrieder sinn, mä elauter Leit aus der Bevëlkerung. Do kann een natierlech net kucken, ob en eng Kaart huet oder net. Am Prinzip sinn et Leit aus der Bevëlkerung. Déi Persoun, déi deemools als Awunner als Suppléant opgeholl gouf, war d'Madame Vieni. Dat war d'Délibératioun vum 30. Januar 2012. Dat hat de Gemengerot esou festgehalen.

**Thein Joé (adr):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären. Ech soen dem Här Buergermeeschter Merci fir d'Wuert a géif gären de Moment notze fir mat aller Sachlechkeet nach eng Kéier op d'Nominatiounsprozedur vun der Kommissioun ze schwätzen ze kommen nodeems mir enttäuscht feststelle miissten, datt d'Kandidatepropositioun vun der *adr Péiteng* net zeréckbehale gouf. Dir wësst, d'*adr* ass net an där Kommissioun vertrueden an hat scho vill Bréifwiessel mam Schäfferot an deem Sujet. Ech wëll och drop hiweisen, datt säitens vum Schäfferot och gesot gouf, datt eng Kandidatur vun der *adr* no der Demissioun vun engem Member kéint agereecht ginn.

Fir d'Rechtméissegkeet an d'Sachverständlechkeet konkret ze zitéieren, wëll ech mech op d'Règlement grand-ducal vum 5. August 1989 bezéien an do den Artikel 176 vun der Loi communale vum 13. Dezember 1988 erëmginn. „Pour rappel", ech schwätzen hei vun de Konformitéiten, déi d'Integratiounskommissioun betreffen, an do steet am Artikel 3: „sa composition est paritaire". Elo hunn ech mer Zäit geholl fir dat Wuert politesch Paritéit nozekucken an hu bei Wikipedia folgend Definitioun dozou fonnt: „Als Parität wird in der Politik ein gleichmäßiges Verhältnis von Stimmen in einem Gremium bezeichnet, (lateinisch: *paritas* „Gleichheit, gleich stark"). Ziel einer Parität ist es zu verhindern, dass Gremien durch knappe Mehrheiten dominiert werden, oder Minderheiten durch einfache Mehrheitsbeschaffungen ausgeschlossen werden".

Am Règlement d'ordre intérieur vu Péiteng steet och deem entspriechend dran: „chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives". A passend dozou, a fir Verglach zu de Gesetzesdispositioune vu Péiteng ze hunn, hunn ech och emol d'Gemengegesetz vun der Stad Lëtzebuerg analyséiert. An do spréngt engem de Saz och an d'Aen: „chaque parti politique y est représenté par au moins 1 membre".

Donieft hunn ech dann och emol gekuckt, wéi d'Parteierepresentatioun an der Integratiounskommissioun dann effektiv ass. D'CSV, 4 CSV-Mandataire plus 4 Suppléanten; d'LSAP, 4 LSAP-Mandataire plus 4 Suppléanten; déi Gréng, 1 Mandataire plus 1 Suppléant; Onofhängeg, 1 Mandataire an adr 0 Mandataire an 0 Suppléant. Dann heescht et weider: „la commission comprend autant de membres suppléants que de membres effectifs". Wann ech elo d'Rechnung maachen, da kommen ech op 11 „effectifs" an 10 Suppléanten. Festzehale bleift awer, datt déi maximal Besetzung vun der Kommissioun bei 12 effektive Mandatairë läit. Dat heescht, ech stelle fest, datt déi politesch Paritéit, d'Representatioun vun de Parteien, d'Suppléanten an d'Maximalbesetzung net erfëllt sinn. Donieft verstinn ech och net, firwat eng politesch Partei dee Moment net informéiert gëtt wa sech eppes an enger interner Gemengekommissioun deet. De Problem läit do beim Basisfunktionement an net bei de Konsequenzen, déi mer am Fichier 04, wéi se hei am Sigi-Netz-System opgezielt goufen, gesinn. Déi etabléiert a votéiert Lëscht vum Januar 2012, wéi dës Kommissioun gegrënnt ginn ass, an d'Prozedur du gestart huet, ass de *de facto* an *de jure* eigentlech kontradiktoresch zum Gesetz.

Léif Kollegen, d'adr huet vill a gutt Iddien, déi si gären an der Integratiounskommissioun géif bäisteieren. Et ass e fundamentale politesche Punkt vun der adr, fir déi si sech asetzt. Net duerch politescht Dividéiere vun Iddie, well se vun enger „sensibilité politique" kommen, mä andeems all gesotent Wuert säi Respekt a seng Wichtegkeet fënnt, léise mer den aktuellen Integratiounsdefizit. A mer wëllen, datt och déi Iddie gelauschtert ginn.

Mer hate vill politesch mouvementéiert Diskussiounen, just kee Kompromëss. A mer wiere frou, wa mer géifen e Kompromëss fannen, mä mer mussen eis awer bei deem Vote hei enthalen, respektiv net matstëmmen. Mä mer wieren awer frou wa mer géifen zesumme mam Schäfferot e Kompromëss fannen. Och wann et dee wier, datt d'adr wéinstens kéint als Suppléant ouni Stëmmrecht an där Kommissioun sinn an da wéinstens ka lauschteren. Ech soen iech Merci fir d'Wuert.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Just eng kleng Fro, Här Thein. Dir musst mech entschëllegen, ech hat net ganz gutt opgepasst. Am Ufank schwätzt Dir vun engem Règlement grand-ducal. Kënnt Dir mer soen, vu wéini dat Reglement ass? Ech hu vergiess mer dat opzeschreiwen.

**Thein Joé (adr):**

Dat ass d'Règlement grand-ducal vum 5. August 1989 an do geet et ëm den Artikel 176 vun 1988. Et geet ëm d'Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech däerf Iech just soen, datt dee Règlement grand-ducal, op dee mir eis hei baséieren, dee vum 15. November 2011 ass. An do steet am Artikel 12 „Dispositions abrogatoires. Le

Règlement grand-ducal du 5 août 1989“ – dat ass deen, deen Dir zitéiert – „fixant l'organisation et le fonctionnement des commissions consultatives pour étrangers est abrogé“. Dir sidd net méi am Film. Et gëtt duerno schonn eppes Neies.

**Thein Joé (adr):**

Trotzdem ännert dat näischt un de Konditiounen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dach, dat ännert alles drun.

**Thein Joé (adr):**

Nee nee nee! Dat ännert näischt dorunner, datt all Partei muss an där Kommissioun sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Här Thein, maacht Iech dach net lächerlech. Dir kommt mat groussherzogleche Reglementer, déi schonn net méi a Kraaft sinn.

**Thein Joé (adr):**

Déi groussherzoglech Reglementer sinn deementspriechend „en vigueur“, datt se redresséiert gi sinn. Awer d'Konditioune vun där Prozedur bleiwen déiselwecht.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Här Thein, maacht Iech dach net lächerlech.

**Thein Joé (adr):**

Mir maachen eis net lächerlech. Dir musst och net ëmmer de Fiels an der Brandung sinn. Ech zitéieren hei d'Saache wéi se sinn. Wou ass dann déi politesch Paritéit, déi hei ëmmer grouss geschriwwe gëtt. An ech loosse mech elo iwwerhaapt net aus der Rou bréngen. Ech soen Iech Merci.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Här Thein, ech stelle fest, datt Dir dee falsche Règlement grand-ducal hei zitéiert, datt Dir laang hannendra sidd, datt Dir 15 Joer a Verspéidung sidd mat Ären Aktualitéiten an datt Dir net agesitt, datt Dir Iech geiert hutt. Et ass eng vun deene grousse Qualitéiten, déi d'Politiker mussen hunn, datt se kënne soen „entschëllegt, ech hu mech geiert“. An Ärem Alter géif ech Iech recommandéieren, Iech dat emol eng Kéier z'iwwerleeën.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den Här Breyer huet ganz kloer gesot – ech wollt just nach kuerz drop zeréckkommen – , datt an där Integratiouns-kommissioun d'Parteie keng Roll spillen. Et ass eng legal Kommissioun, déi no engem Règlement grand-ducal definéiert gëtt an déi och no deenen Dispositiounen zesummegesat gëtt. An dat am Géigesaz zu deenen anere konsultative Kommissiounen, wou eng Paritéit muss definéiert ginn a wou ee muss kucken, datt all Partei representéiert ass „en fonction“ vun hire Sëtz hei am Gemengerot. Dat ass eben déi Differenz. Dat heescht, mer kënnen elo net déi Paritéitegeschicht, déi an de konsultative Kommissioune besteet, op déi dote Kommissioun iwwerdroen. Well de Gesetzgeber huet dat net esou virgesinn. E Bierger ass e Bierger, d'Parteikaart spillt keng Roll. Dat hat den Här Breyer ganz richteg virdrun erkläert.

Wat déi aner Saach ubelaangt – an dat hutt Dir jo gesot – , esou muss ech soen, datt de Règlement d'ordre interne, dee mer hu fir déi konsultativ Kommissiounen zesummenzesetzen, um Ufank vun dëser Legislaturperiod eestëmmeg – dat heescht mat Ärem Vote – guttgeheescht ginn ass. Dat wat mer elo hei maachen an dat, wat mer an de konsultative Kommissioune maachen, dat hutt Dir matgestëmmt. An dat ass komplett konform zum Gesetz. An ech menge richteg verstanen ze hunn, datt Dir den Distriktskommissär och an deem Fall interpelléiert hat an datt deen Iech dat och ganz kloer geschriwwen hat. Ech wier emol eng Kéier frou – wann Dir esou transparent sidd – wann Dir eng Kéier géift soen, wat Dir him geschriwwen hutt an dem Gemengerot och géift matdeelen, wat deen Iech gesot huet.

**Thein Joé (adr):**

Ma da wëll ech dat och gäre maachen. Den Distrikts-kommissär huet eigentlech net drop geäntwert. Hien huet an deem Sënn drop geäntwert, datt hie Gemengereglementer an de Mémorial zitéiert huet. Mä et ass net ganz kloer doraus ervirgaange firwat eng politesch Partei net ugeschriwwe gëtt wann esou Kommissioune gegrënnt ginn. An do ass och net gesot gi vun där politescher Neutralitéit, déi elo hei gesot gëtt. Well ewéi ech hei gesinn, d'CSV, d'LSAP an all déi aner Parteie sinn an där Kommissioun representéiert, an dat steet och haargenau esou um Internetsite. Well da muss deen och geännert ginn, datt do d'Rubrik „parti politique“ ewechkënnt, well dann ass dat do net korrekt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do ginn ech Iech Recht, an dat wäerte mer och ewech-huelen, well dat ass eng Feststellung, déi mer elo rezent gemaach hunn, datt mer dat mat de Parteien hannendru gesat hunn. Mä déi Leit hu sech perséinlech an deem Délai vun deem Mount, dee virgesi war – dat ass esou am aktuelle Règlement grand-ducal virgesinn -, gemellt. A selbst-verständlech hu mir als Parteie gekuckt, fir intern deenen ze soen, se solle sech melle wann se interesséiert wieren. Dat hätt Dir och kënne maachen, well et stoung ëffentlech op eisem Internetsite an um Info-Canal, esou datt jidderee sech konnt mellen.

Datt selbstverständlech déi politesch engagéiert Leit sech fir esou e Poste mellen, dat ass evident. Et ass méi schwiereg fir Leit, déi neutral sinn, fir esou eppes hinzekréien a sech ze mellen. Mä déi Dir stoung op. A mer hu Leit ewéi déi Persoun, déi elo plënnert an dofir demissionéiert, déi sech net als Parteimember mä als Neutrale gemellt huet, well se an der Tëschenzäit schonn net méi an där Partei war.

Mer kënnen an dësem Fall net méi vu Parteie schwätzen a mer kënnen net méi vun Equitéit schwätzen. Mir däerfen dat esouguer net, well de Règlement grand-ducal gesäit dat guer net vir. Mir maachen en Appel, a mer kënnen nach eng Kéier en Appel maachen, wa mer dat wëlle maachen, an da melle sech déi Leit, déi do sinn. An de Gemengerot entscheet onofhängeg vun der Parteikaart, wien en hëlt a wien e mengt, datt am beschte wier fir dee Posten ze besetzen. An dat ass d'Situatioun wéi se ass. Ech mengen, mir kënnen och nach hei ronderëm dréinen, mä mer mussen eis un d'Spillregelen halen, déi do sinn. An dësem Kontext hu mer eis – well mer woussten, datt déi Diskussioun hei géif kommen – nach eng Kéier beim Distriktskommissär informéiert. An deen huet eis ganz kloer gesot, datt dat hei de Werdegang ass, well mer guer keen Intressi dorunner hunn, hei iergendeppes ze maache wat falsch ass. Mir wëllen eis un d'Spillregelen halen, déi do sinn. D'Reglement huet an deem Kontext missten interpretéiert ginn, a mer hunn eis vun engem vun deene beschte Juristen am administrative Beräich berode gelooss. An hien huet gesot, datt dat do dee richtege Wee ass wéi mer dat solle maachen. Mer maachen dat och esou. A mer akzeptéieren och, datt Dir dës Kéier nees net um Vote deelhuelt.

**Thein Joé (adr):**

Neen, mä et ass net falsch wann all Partei an där Kommissioun representéiert ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mä da muss ee sech mellen aus där Partei.

**Thein Joé (adr):**

Jo nach eng Kéier. Mir goufen deemools net informéiert. Ech mengen, ech hat dat scho laang a breet hei erkläert, datt mer net informéiert gi sinn. Wéi solle mir dann an enger Kommissioun sëtzen a mat deelhuelen, wa mer net konnten eis Kandidatur mat Zäite stellen. Ech mengen, mer hunn awer mat Iech doriwwer diskutéiert a mer wieren esouguer bereet gewiescht, nëmmen als Auditeur an där Kommissioun ze sëtzen, nëmme fir nozelauschteren. Dat ass eben Demokratie, datt all Partei dra vertrueden ass. Ech hu kee Problem wa Biergerbedeelegung derbäi ass. Dat soll och esou sinn. Mä all Partei wëll awer och d'Recht hu fir nozelauschteren a sech da kënnen ze bedeelegen. Ech verstinn einfach net de Prinzip vun Ärem Demokratieverständnis.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech verstinn eppes net Här Thein. Vum 2. Dezember 2011 bis den 3. Januar 2012 – dat war e ganze Mount – gouf déi Publikatioun iwwer Internet gemaach gouf. Dat ass dach eng Plattform, déi Dir jo esou gäre benotzt fir egal wat an d'Welt ze setzen, an da gesitt Dir net, datt eng Kandidatur ze maachen ass an Dir verfeelt dat. Da musst Dir och zouginn, datt Dir dat verpasst hat an Dir musst de Feeler bei Iech sichen. Gitt dach net de Feeler bei aner Leit sichen.

**Thein Joé (adr):**

Ah sou, et ass eise Feeler wa mir als politesch Partei net ugeschriwwe ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass keng Partei ugeschriwwe ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif soen, mer géifen elo zum Vote iwwergoen.

**Vote secret: Mme Alessandra Vieni est nommée avec 11 voix comme nouveau membre effectif de la commission de l'intégration. M. Thein (adr) a refusé de participer au vote.**

## 5.

### Personnel.

Création d'un poste de rédacteur (m/f) et suppression d'un poste d'expéditionnaire administratif (m/f) – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer si konfrontéiert gi mat enger Demissioun vun engem Expéditionnaire administratif, deen den 1. Mee 2013 senger Wee wëll goen. Mer ware schonn amgaangen iwwer eng Reform heibannen ze diskutéieren, wéi déi ganz Departementer besser kéinte funktionéiren. Mer hunn eng detailléiert Analys gemaach vun deenen Aufgaben, déi am Moment am Finanzservice gemaach ginn. Och duerch e ganz groussen Effort vum Buergermeeschter selwer kënne mer déi Statistiken an déi Finanzprevisioune maachen. Mer sinn an der Tëschenzäit eng grouss Gemeng ginn, a bis elo hu mer déi Aufgaben am finanzielle Beräich mat 2 Persoune gemaach. E Redakter an en Expéditionnaire administratif. Et huet sech awer erwisen, datt, wann een eng sérieux Finanzplanung an och eng Kontroll iwwer Joere wëll maachen, datt een do e Büro brauch, déi staark funktionéiert a mat Leit besat ass, déi sech och géigesäiteg kann ersetzen. Mer hu festgestallt, datt wann, wéi elo, eng Krankmeldong an en Départ ufält, dee Service net méi richteg leeft. Et wier also besser, mer géifen dee Service esou opstocken, datt 2 Redakteren dra wieren an datt déi sech kéinte géigesäiteg ersetzen an och zesummen aner Aufgaben iwwerhuelen, déi de Moment och nach deelweis vum Buergermeeschter gemaach gi sinn.

Fir keng Verspéidungen an deem Service ze kréien, a well mer der elo schonn duerch déi Krankmeldongen hunn an eng Persoun alleng do huet musse schaffen, wollte mer iech virschloen, e Poste vum Redakter ze schafe mat der Bedingung, datt e schonn den „examen d'admissibilité" gepackt hätt. Anerefalls musse mer nees laang waarde bis mer een hunn. Gutt, e muss nach den INAP maachen, mä mer kënnen awer kucken, datt mer keng zevill grouss Verspéidung am Finanzservice kréien. Mer haten ee Moment e Problem, datt Rechnungen net mat Zäite bezuelt goufen an och dobausse kloen d'Leit, well d'Sue knapp sinn. Dofir wollte mer kucken, datt mer esou séier ewéi méiglech funktionell an efficace kënne ginn.

Dofir hei de Virschlag fir de Poste vum „expéditionnaire administratif" op den 1. Mee ofzeschafen an op den 1. Mee e Poste vum Redakter ze schafen. Mer sollen do d'Ausschreiwunge maachen an als Konditioun derbäischreiwen, datt den „examen d'admissibilité" scho vun där Persoun gepackt miisst sinn. Wann der domatter averstane sidd, da géife mer ganz séier en internen Appel maachen. A sollte mer do näischt fannen, da gi mer séier no bausse kucke fir déi rar Pärel ze fannen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass jo esou, datt dat op dem normale Wee geschitt mat den Ausschreiwungen. Also intern an duerno extern.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Also bei all Poste maache mer fir d'éischt en internen Appel. Esoubal et duerch de Gemengerot ass, hu mer de Profil an da froe mer heibannen, ob eng Persoun heibanne sech dofir interesséiert.

**Becker Romain (déi gréng):**

De Punkt Nummer 3 kann awer zu Konfusioun féieren, well do steet, datt mir entscheeden „De charger le collège échevinal de procéder sans tarder à l'engagement du nouveau fonctionnaire dont question".

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat ass och net ganz glécklech ausgedréckt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer musse jo een ersetzen. Mer maache verschidden intern Bewegungen, an da bleift ëmmer nach ee Redakterposten, dee mer esou séier wéi méiglech mussen ersetzen. Et gëtt extern ee gesicht.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dann ass dee Saz awer net glécklech. Ech mengen, mir entscheeden net als Gemengerot „de procéder sans tarder à l'engagement". Dat geet jo net.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Nee, dat ass e wéineg „tendentieux" dat do. Et miisst einfach „à la publication" sinn. Mär stelle keen an a komme jo op alle Fall an de Gemengerot zeréck.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also dat do gëtt geännert. De Schäfferot stellt keen an, just beim Aarbechterstatut. Bei de Beamten ass dat de Gemengerot. Mä mer publizéieren iergendwéi e Redakter-

posten. Ob dat elo dee fir de Finanzservice ass, dat muss ee gesinn. Well wann ee sech intern mellt, da gëtt iergendwou anescht eng Plaz fräi, an déi gëtt dann nei besat.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Enseignement.

Liste d'ancienneté des instituteurs (m/f) de l'année scolaire 2012/2013 – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat hei huet indirekt eppes domatter ze doen, wat mer beim Punkt 2 vun der Geheimsëtzung entscheet hunn. De „Règlement d'octroi des postes" vun de Schoulmeeschtere gesäit vir – dat hu mer den 19. Abrëll 2010 esou entscheet –, datt déi nei Klassen an deem neie Schouljoer 2013/2014 no enger Dingschtalter-Lëscht gestëmmt ginn. Dofir muss de Gemengerot dës Lëscht, wou 132 brevetéiert Schoulmeeschteren a Schoulléierinnen dropstinn, arrêtéieren. Déi nächst oder iwwernächste Woch gesäit d'Léierpersonal sech, fir dann déi nei Klasseverdeelung am Hibléck op déi Lëscht ze maachen. Mä mir mussen als Gemengerot eng Kéier am Joer dës Lëscht arrêtéieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.1.

### Propriétés.

Acte avec M. Giuseppe Nardella et Mme Maria Villani relatif à la cession d'un terrain à Pétange, rue de la Piscine – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

De Compromis hate mer schonn hei am Gemengerot festgehalen. Mir hunn den Acte den 8. Mäerz 2013 virum Notaire Robert Schumann ënnerschriwwen, esou datt mer den Acte elo nach musse stëmme fir datt d'Formalitéiten zu Enn ginn an deen Terrain de Besëtzer wiesselt.

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.2.

### Propriétés.

Acte avec M. Henri Joseph Nangeroni et Mme Danielle Nangeroni relatif à la cession d'un terrain à Pétange, rue de la Résistance – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei gouf de Compromis de 4. Juli 2012 duerch de Gemengerot ugeholl a mer hunn elo endlech den Acte vum Me Karine Reuter virleien. Hei geet et ëm eng ganz kleng Parzell. Dir gesitt och d'Zomm vun 97,50 €, déi seet, datt et sech ëm e klengt Stéck handelt. Et sinn 13 Zentiar. Mer sollen och hei den Acte stëmme fir datt mer dat och definitiv ofgeschloss kréien.

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.3.

### Propriétés.

Nouveau contrat de bail avec les époux José Carlos Bastos et Alessandra Do Nacimento Bezerra pour la location d'un logement communal à Pétange, rue Prince Jean n° 2 – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei geet et ëm eng Famill, wou mer eng Ännerung am Kontrakt gemaach hunn. Ech hätt nawell gären, wann dat haut géif gestëmmt ginn. D'„avance mensuelle" vun deem Appartement ass 260 Euro. Da kënnt nach e Garage vu 40 Euro pro Mount derbäi. Déi normal Taxe ginn direkt verrechent un d'Famill. D'Onkäschte pro Mount ginn direkt bei Gest LB bei dëser Residenz bezuelt. Den Acte leeft de Moment op ee Joer a kann erneiert gi wann dat mat de Leit klappt ewéi et soll klappen. Mer hunn eis och erausgehalen, datt mer op d'mannst 3 Mol am Joer d'Appartement kënne kontrolléiere goe well et jo Sozialwunnenge sinn. Wou mer da Problemer hu kënne mer méi dacks goen. Normalerweis miisst dat awer klappen.

Mir haten déi Famill schonn dran. Do huet sech awer kuerzfristeg d'Familljekonstellatioun geännert. Se sinn elo nees an enger aner Logik, esou datt mer gesot hunn, datt déi Leit esou eng Wunneng bräichten.

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.4.

### Propriétés.

Changement d'affectation de l'ancien presbytère à Lamadelaine – décision de principe.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et geet ëm eng Ufro, déi mer vun der Kierchefabrik vu Lamadelaine kruten. Si hunn eis de 5. November 2012 gefrot, ob mir net kéinten d'Gestioun iwwerhuele well se engersäits déi finanziell Mëttelen net méi hu fir fir d'Onkäschten opzekommen. Anersäits hu se och net méi déi Aktivitéiten ewéi soss an deem Haus. Dat huet awer bedéngt, datt den Äerzbistum huet mussen averstane sinn. Deen huet de 25. Februar duerch hire „vicaire général", den Här Erny Gillen, den Accord ginn, mä huet awer och gesot, datt déi Reaffektatioun vun deem ale Paschtoueschhaus un eng Konditioun gebonne wier, falls nach eng Kéier e Paschtouer op Lamadelaine géif kommen. Wat awer méi wéi onwahrscheinlech ass an deenen nächsten 10 oder 20 Joer. An d'Gesetzgebung wier nach déiselwecht, esou datt d'Gemeng verflicht wier e Logement oder eng Kompensatioun zur Verfügung ze stellen, wat och net méi evident ass, well et gëtt jo och un deem Reglement geschafft. Da miisste mer him eng Wunneng zur Verfügung stellen.

Als Schäfferot hu mer den 1. Abrëll virgeschloen – an dat ass keen Abrëllsgeck –, dat ze iwwerhuelen. Mer hunn och d'Compteure vum Gas a vum Elektreschen ofliese gelooss. Mer hu gesot, datt, wann de Gemengerot haut säin Accord gëtt, da géife mir ab dem 1. Abrëll dat Haus iwwerhuelen.

Se hunn nach e puer kleng Aktivitéiten an deem Haus. Mer hunn der Kierchefabrik an den „oeuvres paroissiales" gesot, datt se da vun de Raimlechkeete vun deenen anere Veräiner kéinte profitéieren, déi an der Gemeng sinn. Ech denken do un de Fräizäitzenter oder de Kulturzenter, wou se kéinten op Säll zeréckgräife wann se kleng Aktivitéiten hunn.

Op där aner Säit hu mer awer och gesot, datt mer keng Aktivitéite méi an deem Haus wéilten hunn, well dat Haus och net méi an engem 1-A-Zoustand ass. Am Géigendeel. Dat Haus ass an engem relativ schlechten Zoustand. Et muss vill do gemaach ginn. Well mir jo elo verantwortlech sinn, hu mer festgehalen, datt elo keng Aktivitéit méi däerf op

deem Site sinn. Mer hunn hinnen awer d'Méiglechkeet ginn, fir bis den 31. Dezember – mer hu jo do nach e ganze Koup Aarbechten ze maachen ier deem Haus nees eng aner Affektatioun kann zougeschriwwe ginn – lues a lues hir Saachen eraus ze plënneren. A bis dohinner wäerte si d'Haus och raumen.

Mer hunn och gesot, mer géifen direkt en Ingenieursbüro domatter befaasse fir eng „étude statique" ze maachen an emol ze kucken, wat an deem Haus muss gemaach ginn. Mer hate jo am Budget virgesi fir nei Fënsteren dran ze maachen. Mä dat setze mer elo zeréck, well et huet jo kee Wäert fir elo nei Fënsteren anzesetzen an da bannenan unzefänken ze rappen an ze klappen. Dofir setze mer dee Projet zeréck, dee mer am Budget 2013 stoen hunn. Mer wëllen elo gäre vun uewe bis ënne kucken, wat mat deem Haus muss gemaach ginn. Do hänkt et natierlech dovunner of, wat fir eng Affektatioun mer deem Haus ginn. No Diskussiounen, déi mer schonn heibannen haten, wëlle mer dem Gemengerot virschloen – wann déi „remise en état des lieux" gemaach ass – datt dat aalt Haus an eisen Aen sech gutt géif eegne fir d'„mémoire collective communale" an déi Aktivitéiten, déi do hannendrun hänken, ënnerzebréngen. Besonnesch well déi Raimlechkeeten am Kulturhaus *A Rousen* ënnerem Daach net optimal sinn. Eleng scho wéinst der Temperatur, déi do ass, ass et net optimal. Dat hei ass e schéint Haus, wou vill muss dru gehaangen a geschafft ginn. Mä et géif sech fir deen Zweck eegnen, och well de Parking ronderëm ass. Dofir géife mer hei proposéieren – an dat ass dat éischt, wat mer maachen – datt mer averstane sinn, datt mir dat Haus zeréckhuelen ënner deene Konditiounen, wéi den Äerzbistum dat definéiert huet.

**Thein Joé (adr):**

Léif Kolleginnen a Kollegen. D'Kierchefabrik schreift an hirem Bréif vum 5. November, datt si opgronn vun horrente Pëtrolspräisser d'Gestioun an d'Finanzéierung vum Paschtoueschhaus zu Lamadelaine net méi garantéiere kann. Elo iwwerhëlt d'Gemeng Péiteng d'Gebai integral mat alle Fraisen, déi ufalen. Dësweideren erwähnt d'Kierchefabrik an hirer Erklärung, datt si anere Veräiner géif d'Méiglechkeet offréieren, d'Gebai fir hir Aktivitéiten zur Verfügung ze stellen. De ganze Bréif bestätegt alt nees d'Positioun vun der adr, déi mir ageholl haten, a wou och besonnesch passend op de schrëftleche Bréif vun eis – datéiert de 17. Januar 2011 – ass. Mer hate virgeschloen, d'Paschtoueschhaus als Jugendhaus ëmzewandelen a fir jugendlech Aktivitéiten ze notzen. Deemools gouf gesot, d'Machbarkeet wier net do well d'Proprietéitsrechter bei der Kierchefabrik géife leien. Dat ass jo net méi de Fall, well d'Gemeng jo elo de Besëtzer gëtt. Eis Fro dofir, och wann ech weess, datt d'Iddi net an äre Konzept an net an äre Plan pluriannuel passt. Mécht d'Majoritéit net awer gär de Suivi vun der adr-Propositioun, déi sech hei bestätegt huet, an elo méiglech wier. Wann d'Iddi näischt ass, da muss d'Gemeng jo eng aner sënnvoll Iddi hu wat dat Haus, déi Gebailechkeet betrëfft. Do wéilt ech nach eng Kéier, datt der widderhuelt, wat der virdru gesot hutt, well ech hunn dat net matkritt.

Last but not least wëll ech och nach umierken, datt ech viru kuerzem d'Kierchefabrik och verdeedegt hunn ewéi et ëm hir Investitioun an en Appartementsgebai gaangen ass a wou ech dann awer wéilt wëssen, firwat d'Recette dovunner net fir d'Finanzéierung vum Paschtoueschhaus genotzt ka ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Fir Är lescht Fro ze beäntwere muss ee soen, datt et d'Kierchefabrik vu Rodange war, déi en Haus kaf huet. An dat hei ass d'Kierchefabrik vu Lamadelaine. Och wa Bestriewungen do si fir d'Kierchefabriken zesummenzeleeën, esou si mer awer nach wäit dervunner ewech. Fir de Moment sinn en zwou „entités juridiques", déi näischt mateneen ze dinn hunn, esou datt déi eng net kënne fir d'Käschte vun deenen aneren opkommen.

Wat elo déi Onkäschten ugeet, esou ass et richteg, datt se dat net méi kënne maachen. Et ass engersäits sécher, datt déi Onkäschten héich sinn, mä och d'Aktivitéiten, déi dozou gedéngt hu fir d'Onkäschten ze decken, fannen net méi statt. Dat ass d'Parfest, an dat Fest gouf d'lescht Joer net organiséiert well d'Leit net méi do sinn, déi di Aktivitéiten, dat Parfest, kënnen assuréieren. An och dëst Joer ass et net virgesinn. Dat ass en Haaptproblem vun den „oeuvres paroissiales". Ech weess dat, well ech si selwer Member do. Dat si Recetten, déi se bräichte fir dat ze bezuelen, a wuel wëssend, datt et e Problem gëtt wat d'Heizung a wat d'Fënsteren ugeet, well do zitt et ganz schro eran. Dat heescht, datt do och hätte miissten Efforte gemaach gi fir déi Käschten ofzedecken. Mä esouguer wa mir déi Käschten ofgedeckt hätten, esou hätte si net méi déi néideg Recettë fir kënnen déi Onkäschten ze decken.

D'Affektatioun, déi mer deem Haus wëlle ginn, ass d'Affektatioun, déi de Schäfferot haut proposéiert. Well mer hu ganz kloer – ech mengen, mir musse jo hei kucken, wat d'Majoritéit hei am Gemengerot seet – mat 16 géint 1 Stëmm hei am Gemengerot dergéint gestëmmt fir do e Jugendhaus ze maachen. Dat ass e Fakt. Dat ass hei ofgestëmmt ginn an dat hu mer ze repektéieren. Mir sinn net esou frech als Schäfferot fir eppes ze proposéieren, wat de Gemengerot en halleft Joer virdrun mat enger grousser Majoritéit ofgestëmmt huet. Dat heescht, dofir hu mer eng aner Léisung gesicht, déi an eisen Aen och wesentlech besser ass. Dat Haus als Jugendhaus ëmzebauen ass onméiglech. Do si kleng Raim, a mer hunn dat jo och scho gekuckt mat verschidde Leit. Do sinn aner Demandë vum Jugendhaus do, an zwar fir gréisser Säll. An deem Sënn ass do net vill ze maachen. Dat Haus eegent sech eigentlech guer net fir deen Zweck. A mir wëllen awer och dat Haus net ganz transforméieren. Dat Haus huet awer e gewëssene Stil, eng gewësse Geschicht. Mer hu gemengt, datt et grad fir eng „mémoire collective communale", déi jo op d'Vergaangenheet vun der Gemeng zeréckweist, déi richteg Plaz wier – no beim Tëtelbierg, bei den Ausgruewungen, a mat enger Parkplaz ronderëm – fir do eppes Flottes anzeriichten. An dofir géife mer dann déi Aktivitéit aus dem Kulturhaus *A Rousen* an dat aalt Paschtoueschhaus op Lamadelaine verlageren. An da kéinte mer natierlech déi Raimlechkeeten *A Rousen* fir aner Zwecker notzen, well mer do nach eng ganz Rei Ufroe vu Veräiner hu ënnerdaach ze kommen. Paschtoueschhaus eegent sech besser fir eng „mémoire collective communale", well *A Rousen* war ëmmer nëmmen eng provisoresch Léisung, well mer keng aner Méiglechkeet haten. Mä et huet sech ni 100-prozenteg gëeegent. Dofir schéngt eis déi Iddi, fir et dohinner ze verlageren, déi richteg ze sinn. An déi aner Iddi, fir do e Jugendhaus ze maachen, schéngt absolut net adäquat ze sinn. An där Meenung ass och d'Majoritéit vun dësem Gemengerot.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ganz kuerz just, Här Thein, fir nach eng Kéier op d'Jugendhaus zeréckzekommen. Ech hat viru kuerzem nach eng Reunioun mam President vun de Jugendhaiser. An do kristalliséiert sech eraus, datt d'Bedierfnisser vun de Jugendhaiser ewell ganz anerer si wéi viru Joeren. Si brauche ganz aner Raim, se hu ganz aner Jugendlecher, do komme ganz aner Aktivitéiten op d'Jugendhaiser duer ewéi dat viru 5 oder 6 Joer de Fall war. An nächster Zäit wäerte mer och do ganz aner Projeten ausschaffen a wou ganz anescht dru geschafft gëtt wéi dat bis elo de Fall war. Wann dat elo esou wäit ass – den Här Becker ass jo och an deem

Gremium mat dran – da wäerte mer och heihinner kommen an déi Bedierfnisser vun deene Jugendlechen eng Kéier duerleeën a soen, wéi an Zukunft do soll geschafft ginn. Mer wiere mat engem Haus, ewéi dat zu Lamadelaine, net gutt bedingt. Dat kann ech just vu menger Säit aus hei soen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech begréissen et, datt dat Haus endlech a Stand gesat gëtt, well et gëtt fir den Zentrum vu Rolleng en anert Bild. Et ass just schued, datt et esou laang gedauert huet ier d'Kierchefabrik sech entscheet huet, iech dat z'iwwerloossen, esou datt eppes um Haus ka geännert ginn. Wann dee Statiker elo feststellt, datt gréisser Aarbechte musse gemaach ginn, da muss jo en Zousazkredit gestëmmt ginn. Waart dir scho kucken, wéi d'Haus ausgesäit, wéi den Zoustand momentan ass? Well vu bausse gëtt et jo keen esou e super Bild of. Sinn déi Käschten, déi op eis duer-kommen och valabel fir alles ze maachen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech war kucken a stelle fest, datt et méi grouss ass wéi ech mer dat virgestallt hunn. Ech war Enn Mäerz mat de Servicer duerch dat ganzt Haus gaangen. Et ass grouss, a besonnesch uewenop ass nach ganz vill Plaz – esouguer ënner dem Daach. Et muss ee wëssen, datt den Daach nei ass. Ënner dem Daach kann een eppes maachen, well do ass fir de Moment guer näischt. Um éischte Stack ass och guer keng Aktivitéit méi gewiescht. Do stounge just nach e puer Saachen. An um Rez-de-chaussée sinn e Versammlungsraum, dee relativ anstänneg ass, d'Sanitäranlagen, eng nei Kichen an en neie Büro. Déi Raim si gutt, mä et muss een awer kucken, well d'Elektresch läit nach zum Deel op Botz. Och do musse gréisser Aarbechte gemaach ginn. Et muss een och kucken, ob een déi Trap esou ka si loosse wann een ëffentlech Aktivitéiten do mécht. Do muss een och nach d'*Sécurité dans la fonction publique* ruffe fir duerno ze kucken. Also et ass kloer, datt et eng gréisser Investitioun gëtt, déi et awer a mengen Aen derwäert ass ze maachen. Dat Haus schéngt mer awer – och wann et net klasséiert ass, mä et goufen awer scho Bestriewunge gemaach fir et klasséieren ze loossen – am Duerf vu Rolleng e flotte Site ze sinn. Et wier schued, wa mer dat géifen ewechrappen an eppes aneres dohibauen. Mer mussen awer e Statiker komme loosse fir ze kucke wat et heescht a kascht. An da géif ech mengen, datt mer um Enn vum Joer am Kader vum Budget 2014 – well esou laang wäert et dauere bis mer alleguer d'Avisen eran hunn – e Kredit kënne stëmmen. Vläicht stëmme mer scho virdrun e Kredit iwwer 50.000 Euro fir den Ingenieursbüro an den Architektebüro mat den Études ze befaassen. An ab 2014 géife mer dann déi noutwenneg Ännerunge maachen. Wichteg fir eis ass et ze wëssen, ob dat déi richteg Richtung ass. Da kucke mer och mat deem Veräin, d'Geschichtsfrënn, déi sech ëm déi „mémoire collective" këmmeren, wat do muss geschéien, wat d'Bedierfnisser sinn. Mer wëlle gären eng „soft" Modifikatioun maachen an d'Haus net d'ënnescht d'iewescht dréinen. Dat Haus soll no baussen nach ëmmer dee Charakter behalen, deen et huet.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech fannen et och eng gutt Iddi, datt der et wëllt maache fir d'Bild vu Rolleng selwer. Well wann der mam Zuch laanscht fuert, da gesitt der op dat Haus. Et muss net sinn, datt der nach esou eng grausam Residenz dohinner baut ewéi se scho riets dovunner steet. Well mer hunn där Residenze gläich genuch an der Gemeng, géif ech soen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et war mer bewosst, datt déi gréng Fraktioun sech esou géif ausschwätzen.

**Welter Gilbert (DP):**

Ech wollt dat och am Fong geholl begréissen an der Gemeng soen, datt et richteg ass datt, wann esou Geleeënheete sech bidden, een einfach muss zougräifen an doraus eppes soll maachen. Et ass eise Patrimoine an et soll ee Suen dran investéieren an dat net verkomme loossen. Dat ass richteg esou. Dat soll an der ganzer Gemeng esou gemaach gi bei all Geleeënheet, déi een esou kritt. Alles wat den Entourage ass ronderëm, wéi geet dat virun? Well do wunne jo eng ganz Rei Leit. Ginn dann awer nach Manifestatiounen, ewéi e Parfest, do ofgehale ronderëm dat Haus oder falen déi Saachen ewech an et bleift roueg do?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also d'Parfest bleift ewech. Well mer hu jo och do gesot, datt mer keng Aktivitéiten an deem Haus wëllen hunn esou laang et net ëmgebaut ass. Mer wëlle ganz einfach déi Verantwortung net iwwerhuelen. E Parfest - wéi ech d'Evolutioun aus dem Veräin eraus gesinn - kann ech mer net méi virstelle well déi 30 oder 40 Leit, déi gebraucht gi fir esou ee Fest op d'Been ze stellen, net méi kënnen opbruecht ginn. Ech maache mer net méi vill Hoffnungen dofir, eleng scho wéinst dem Personal. A wann eng Kéier dat Gebai eng aner Affektatioun kritt fir esou eng „mémoire collective communale", da kënnen natierlech Aktivitéiten entstoe vun där neier Associatioun. Mä déi mussen natierlech mat dem Entourage ofgestëmmt ginn, esou datt déi Leit ronderëm net belästegt ginn. Ech mengen, déi Aktivitéiten, déi do wäerte sinn, wäerten och komplett an dee Kader do passen. Mä dee Kader ronderëm, mat dem Gréngs, mat dem Park ronderëm, wäert sech sécher dofir eegnen, am Summer déi eng oder aner Manifestatioun op der Plaz ze maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Well den Zichelchen hei genannt gouf, kann ee sech och virstelle fir do lues a lues eng Verbindung ze maache wann een hei d'„mémoire collective" hätt. Et kann ee sech virstellen, datt do Raim wieren, déi anschaulech an historesch interessant wiere fir kucken ze goen. Touristesch an historesch ass do eng Verbindung ze schafen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech begréissen et och, datt mer dat Haus an d'Rei wëlle setzen a probéieren, et esou wäit wéi méiglech z'erhalen. Wat mer awer och opgefall ass – esou wéi den Här Scheuer et scho gesot huet -, dat ass, datt et immens laang a scho bal zevill laang gedauert huet bis do eppes dermat geschitt. Derbäi kënnt nach dee ganze Schrëftwiessel. Dat huet och enorm laang gedauert. D'Kierchefabrik huet hir Demande de 5. November gemaach. Déi Péitenger Gemeng huet immens séier geäntwert, dat war den 22. November. Dunn huet awer bis de 25. Februar 2013 gedauert bis den Här Gillen vum Bistum geäntwert huet. Ech mengen, déi brauche sech zwar och net do mat hirer Vitesse ze bretzen. Duerno koum dann d'Äntwert vu Rolleng vun der Kierchefabrik an den „oeuvres paroissiales" den 28. Februar. Ech mengen, de Bistum huet immens vill Zäit domat verplempert fir eng Äntwert op de Bréif vun der Gemeng ze ginn. Dësweidere fält op, datt dat Ganzt awer nach ëmmer un d'Bedingung gebonnen ass, datt, wann emol eng Kéier en neie Paschtouer op Rolleng nominéiert géif, mer dann awer miissten eng Plaz siche fir deen ënnerdaach ze kréien.

Wéi den Här Thein och scho gesot huet, hate mer virun e puer Gemengerotssëtzungen eng vun eise Kierchefabriken, déi en Appartement kaf huet. Ech mengen, da géife mer do awer och d'Solidaritéit spille loossen an d'Kierchefabriken dofir suergen, datt den Här dann en Ënnerdaach hätt. Ech fannen dat net gutt, datt déi Konditioun drasteet an datt

d'Gemeng muss dofir suergen, datt een neien Här ënnerdaach kënnt. Fir de Rescht kann een dat nëmme begréissen. Ech hoffen dann och, datt dat klappt. A virun allem well et hei *A Rousen* immens enk gëtt fir d'Kollege vun de Geschichtsfrënn mat hirer Remise oder hirem Archiv. Dofir brauche mer duebel Plaz.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et gëtt jo um Gesetz geschafft mat dem Bistum. Déi lescht Informatiounen, déi ech am Kader vum Syvicol hunn, sinn déi, datt et grad op deem doten Niveau kee Problem mam Bistum ass fir op déi Konditiounen – esou wéi et do steet – an Zukunft an deem Mooss ze verzichten. Mer hunn awer nach ëmmer déi gesetzlech Dispositiounen an et ass dem Bistum säi legaalt Recht, dat do ze fuerderen. Mer hunn och gesot, datt mer averstane si fir dat dranzesetzen, well soss ass e vläicht net averstanen an dann hänke mer nach e puer Joer ouni datt do eppes geschitt. Mer sinn eis awer bewosst, datt, wann e Paschtouer sollt op Lamadelaine genannt ginn, déi Dispositioun vun dem Logement wahrscheinlech net méi wäert bestoen.

Mer sinn eis och bewosst, datt dat doten Haus laang esou do stoung an datt – ausser den Daach, deen nei gemaach gouf – net vill un deem Haus geschafft gouf. Ech froe mech awer wat déi gréng Fraktioun gesot hätt, wa mer ugefaangen hätte fir am Parhaus grouss Modifikatiounen ze maachen esoulaang d'Par nach do ënnerdaach gewiescht wier. Ech mengen, do wäert dir wahrscheinlech op d'Barrikade geklomm. Elo wou et eng aner Affektatioun kritt, sidd dir jo och averstanen dermat. Dofir hu mer mussen ofwaarden ier mer grouss Investissementer maachen. Mer hunn och gesot, datt déi grouss Investissementer déi Zäit net noutwenneg waren, well d'Par just de Rez-de-Chaussée gebraucht huet. Uewenop ass ni gebraucht ginn, an dofir ass och do näischt gemaach ginn. Et ass och do, wou d'Schwieregkeete sinn. Mer maachen et elo frësch a mer mengen, mer wäerten och eng Léisung fanne fir dat Haus hei ze retten, well esou schlëmm ass et awer net. Mer hunn d'Waxweiler Millen hi kritt, an déi huet manner gutt ausgesi wéi dat hei. Mä d'Haus huet op enger Säit e grousse Rass, an do musse mer kucken, wéi mer dat stabiliséiert kréien.

**Becker Romain (déi gréng):**

Här Buergermeeschter, ech soen Iech Merci fir d'Äntwert, mä ech wollt awer och nach soen, datt mer an e puer Generatiounen – ech weess net, wéi laang et nach dauert –, och drun denke fir eng vun eisen 3 Kierchen eng aner Affektatioun ze ginn. A wann d'Geschichtsfrënn och weider esou sammelen, da kréie mer dann och hiert Archiv an der Rollenger Kierch ënnerdaach. Ech mengen, et dauert wierklech net méi allzelaang, a mer kënnen eis et net méi an enger noer Zukunft leeschte fir déi 3 Kierchen z'ënnerhalen ouni datt se eng aner Funktioun hunn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also da si mir nach e bësse besser dru wéi aner Gemengen, déi der 19 z'ënnerhalen hunn. Mat 3 Kierche si mer als grouss Gemeng awer e bësse manner chargéiert. Mä gutt, och déi Saache stinn am Kader vun der Ëmännerung an der Relatioun tëscht Kierch a Stat zur Diskussioun. Do sinn och Iddien an Ouverturë vum Bistum do fir Léisungen an deem Beräich ze sichen. Och si wësse ganz genee, datt et hinnen näischt bréngt, datt Kierchen eidel dorëmmer stinn. Obwuel, et muss een awer och wëssen, datt déi Kierchen e gewëssene Wäert an engem Duerfkär sinn. Eng Kierch ass net einfach e Gebai, dat do steet. Et ass ganz dacks e Gebai, wat en Duerfkär prägt, an dofir muss een och kucken, wéi ee mat deem Gebai ëmgeet. Et kann een net mat enger Kierch ëmgoe wéi mat engem einfache Gebai, dat an enger Strooss steet.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ech wollt hei och betounen, datt ech d'Propositioun, fir dat aalt Paschtoueschhaus als Standpunkt fir d'„mémoire collective" vun eiser Gemeng ze benotzen, häerzlech begréissen. Et ass scho vill diskutéiert ginn, a mer hate jo d'Propose vun engem Jugendhaus, déi net vum Gemengerot akzeptéiert gouf. Bon, ech mengen, dat steet dofir guer net méi zur Diskussioun. Et ass fir mech ganz kloer eng Pflicht fir d'Gemeng, d'Geschicht als allgemenge Patrimoine ze gesinn an dofir ze suergen, datt Archiven an Denkmäler hir berechtegt Plaz fannen. An deem Sënn an am Hibléck op d'Strukturen, déi mer de Moment fir d'„mémoire collective" hunn – d.h. *A Rousen* – denken ech, datt dat eng ganz gutt Propose ass. Den Zoustand vum Haus ass bekanntlech net gutt. Dat heescht, mer wäerten héchstwahrscheinlech gréisser Investitioune maache mussen. Et ass awer och, denken ech, eis Pflicht laut Gesetz. Dat heescht, do komme mer net derlaanscht. Ech wëll awer trotzdem froen, wiem dëst Gebai eigentlech gehéiert. Ass et d'Gemeng?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass d'Gemeng.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ok. Mam Accord tëscht der Gemeng an der Kierchefabrik an „oeuvres paroissiales" kann ech och liewen. D'Affektatioun ass der Gemeng jo iwwerlooss. Natierlech ka jo och d'Kierchefabrik, wéi all anere Veräin, dovunner profitéieren. Ech weise mech awer e bësse méi kritesch mat dem Verspriechen – esou wéi och mäi Kolleg Romain Becker –, datt, wann e Paschtouer zu Rolleng genannt gëtt, den „usufruit" dann zeréckgeet. Ech si mer bewosst, datt dat laut Gesetz eng Obligatioun ass. Mä et steet awer och am Gesetz, datt, wann d'Gemeng keng Gebailechkeeten zur Verfügung ka stellen, si eng finanziell Entschiedegung muss bezuelen. Moralesch kann ech dat och net ënnerstëtzen. Zemools wann ee bedenkt, datt d'Kapléin a d'Paschtéier duerch staatlech Konventioune mat der Kierch de Statut vum Beamten hunn an zousätzlech eng gratis Wunnengsméiglechkeet kréien an domat implizit en Avantage „en nature". Dat schéngt jo awer net grad eminent ze sinn, dofir bleiwen ech optimistesch, datt dee gesetzleche Kader sech an deenen nächsten Zäite wäert änneren an datt dës Fro sech domat guer net stellt.

Ech ënnerstëtzen dës Affektatioun a begréissen et, datt d'Geschicht als kulturellt Gutt an och als eng weider touristesch Attraktioun groussgeschriwwe gëtt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Merci fir dës Zouso. Ech wollt nach eng Kéier soen, datt een déi Geschicht mat deem „usufruit" vun deem Haus oder deem Logement, wat d'Paschtéier zegutt hunn, ähnlech muss gesinn ewéi d'Police oder wéi och op engem aner Niveau, wou Déngschtwunnenge ware well si forcéiert waren, vun Zäit zu Zäit ze wiesselen an net d'Méiglechkeet haten ewéi anerer – dat war bei der Eisebunn, der Police an den Douanieren esou – sech all Kéier e feste Wunnsëtz ze huelen. Duerch hir Verpflichtung ze wiesselen, hu se eng Wunneng zur Verfügung gestallt kritt. Datt dat haut net méi aktuell ass beweist jo schonn d'Tatsaach, datt dat haut zur Debatt steet fir et ze änneren. An och op ganz anere Plazen, ewéi op der Eisebunn, sinn déi Déngschtwunnenge lues a lues verschwonnen.

Op där aner Säit ass ganz kloer, datt mer gesot hunn, mer géifen eis verflichten, déi gesetzlech Bestëmmungen ze respektéieren. Mä et ass awer ganz kloer, datt de Paschtouer net an dat doten Haus zeréckkënnt. Dat ass sécher. Mer géifen him och e Logement oder eng finanziell Entschiedegung ginn, esou wéi d'Gesetz et haut virgesäit. A wann d'Gesetz et net virgesäit, da kritt en näischt méi. Dat Haus hei gëtt net méi

zeréckgeféiert un de Bistum, an et behält déi Affektatioun, déi mer elo festhalen an déi mer elo hei definéieren.

Wann dat anert Joer en neie Paschtouer géif kommen – wou d'Chancen awer gläich null sinn -, da wiere mer nach ëmmer verflicht, e Logement ze ginn. Noutfalls miisste mer vläicht eng Participatioun gi fir de Loyer vun engem Appartement.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Däers sinn ech mer och ganz gutt bewosst. Och wann et awer e klengen Ënnerscheed gëtt mat der Police, well déi bezuelen awer e klenge Loyer, wat an dësem Fall net de Fall ass.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Wann een als 36. schwätzt, dann ass scho bal dat ganzt Thema ëmrass ginn. Ech hunn awer e puer kleng Doléancen. Ech begréisse selbstverständlech, wéi meng Virriedner alleguer, och déi Iddi, datt mer eis „mémoire collective" do ënnerbréngen. Wat ganz wichteg ass a wat och eng flott Saach kéint ginn, ass datt een dat mat der Binnche verbanne kann. Wat ech mat op de Wee géif ginn ass, datt déi Toilett, déi mer op der Haaptstrooss hunn an déi verkomm ass, soll ewechrappen an dee Wee, deen do bestanen huet, nees opmaache soll. Da kréich een do e Circuit duerch dee klenge Park. Ech géif soen, datt dat eng ganz flott Realisatioun gëtt am Intressi vun eis alleguer.

*A Rousen* ass net verluer, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet. Mer hunn nach aner Veräiner hei an der Gemeng, déi och drop waarde fir anescht ënnerdaach ze kommen a schlecht ënnerdaach sinn. Ech mengen, dat géif deenen och Rechnung droen. Dat heescht, datt mer do am Fong zwou Mécke mat engem Schlag kënne schloen. Ech ka vu mir aus dee Projet just approuvéieren.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech kann de Schäfferot just a sengen Démarchen ënnerstëtzen a géif dat wierklech eng gutt Saach fannen, datt mer eng zentral Plaz an eiser Gemeng géife fanne fir eis „mémoire collective" ënnerdaach ze bréngen. Mer si jo als Gemeng ganz villfälteg. Hei wiere mer op enger Plaz, wou een déi Saach kéint thematesch opdeelen oder zesummesetzen. An do maache mer eppes fir all eis Generatiounen, an dat esouguer mat Parkméiglechkeeten.

**Bosseler Camille (CSV):**

Ech si frou fir ze héieren, datt mer all averstane sinn, well et ass e schéine Bau an et hätt mer leed gedoen, wann dat veräußert gi wier obwuel mer et iwwerall brauchen. D'Substanz, d'Haus u sech, huet ëmmer e gewëssene Wäert. An dee schéine Gaart, dee ronderëm derbäi ass, doraus kann een eppes maachen. Och mat dem Train 1900, deen direkt nobäi ass. Et besteet also eng Méiglechkeet. Den Zuch ass souwisou stoe bliwwe wa mer Parfest haten. Ech hu jo am Dag do matgehollef. Da sinn d'Leit erofkomm vum Zichelchen eppes drénken. Heiansdo hu se d'Leit esouguer matbruecht. Dat war ganz interessant. Et ware vill Aktivitéiten do. Elo ass et wéinst „manque de combattants" wierklech esou, datt kee Mënsch méi do ass fir un deem Fest eng Hand mat unzepaken, well do huet ee vill Hëllef gebraucht fir dat opzeriichten.

Éinescht ass dat vun der Toilett ernimmt ginn. Ech hunn dat och schonn un de Schäfferot weiderginn. Et brauch keen Zougang gemaach ze ginn. Dir musst emol op Plaz kucke goen. Et ass en Zougang fir erop an et ass en Zougang fir bei d'Paschtoueschhaus. Also et brauch keen zweete méi do gemaach ginn. Wéi gesot, Aktivitéite kéint een der genuch hannenaus maachen. Et sinn och Gäert hannenaus, déi deelweis verlount gi sinn, an déi och nach an d'Propriétéit eraginn. Do muss virgesi ginn, dat schrëftlech ze maache wann déi Leit dat nach behalen, esou datt et wéinstens deklaréiert ass. Well dat geet nëmme bis op d'Limit do. Déi Haiser hu guer keng Gäert hannendrun. Se hunn eng Passerelle gemaach an da si se eriwwer komm. Kuckt iech dat un, a wann et nëmmen de symbolesche Frang ass, mä et soll niddergeschriwwe ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech schreiwe mer dat op. Dat sinn d'Gäert hanner der rue Titelberg. Déi hu scho gefrot fir dat eng Kéier ze kafen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.

### Environnement.

Approbation du diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la Commune de Pétange – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt am Numm vun eisem Ëmweltschäffen dëse Punkt presentéieren. Wéi all Joer hu mer am Budget Sue stoe gehat fir dës Diagnos vun der Loftqualitéit. Dat ass haaptsächlech zu Rodange op der Grenz, wou mer dat maachen, wou mer och dee Suivi maachen a wou mer wëssen, datt d'Situatioun wesentlech besser ass géintiwwer vun deem, wat mer nach virun 10 oder 15 Joer haten. Mer maachen dat schonn zënter dem Joer 2000. All Joer gi mer eng Rei vun Aufgaben un den Här Jacques Mersch, deen Dokter an der Toxikologie an der Ëmwelt ass. Hei hutt der dann elo och en Devis, dee mer wëlle stëmmen am Hibléck op dee Budgetsartikel, dee mer am Budget stoen haten. Do geet et dann och nees drëm, Geméis ze kucke fir eng Iwwerwaachung an eng Expertise ze maachen, och fir d'Resultater ze kucken. Do gëtt e „rapport de synthèse" gemaach fir ze kucken, wéi mer do stinn, ob d'Situatioun besser ass oder manner gutt. All Joer kréie mer jo do en exklusive Rapport vum Dr. Mersch. Dofir hu mer 15.100 Euro ouni TVA, d.h. 17.365 Euro am Budget stoen. Mer hunn awer nach eng Reserve vu 5.000 Euro fir wann d'SLR sollt erëm eng Kéier aktiv ginn - besonnesch op der Grenz - esou datt mer do direkt Sue prett hu fir eng spezifesch Kontroll kënnen ze maachen. Well een trotzdem ni sécher ass, wéini déi ufänken, wollte mer eng gewëssen Zomm hu fir direkt kënnen ze agéieren an déi mer eventuell net brauchen, wann op der Grenz näischt geschitt. Dir hutt de ganze Rapport virleien.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Well ech jo no bei der Grenz wunnen an och fréier aktiv war, wéi dee Comité vun der SLR do war, fannen ech dat gutt, datt nach ëmmer kontrolléiert gëtt. Ech denken, et geschitt net méi esou vill déi aner Säit, mä et muss een ëmmer virsiichteg sinn. Déi schaffe jo nëmmen nuets, an da muss ee kucken, datt dat och iwwerwaacht gëtt. Mer haten ëmmer e gudden Observateur do, den Här Frosio. Hien huet eis dat ëmmer direkt gemellt. Mä de Mann ass elo leider net méi do. Mer ginn et awer nach gewuer, well mer héieren dat jo wann eppes ronderëm ass.

**Welter Gilbert (DP):**

Ech si genee därselwechter Meenung a fannen et gutt, datt do nach ëmmer recherchéiert gëtt a mer sinn och gespaant op déi Resultater vun 2012, op déi mer waarden. Normalerweis ass et esou, datt den Devis ëmmer opgestallt ginn ass a sech op d'Resultater vum Joer virdru baséiert gouf. Hei ass et awer esou, datt mer hei den Devis stëmmen an d'Resultater vun 2012 nach net bekannt sinn. Wéini kommen déi?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Menges Wëssens no sinn se do an dir hutt se nach net kritt. Da muss ech do intervenéieren.

**Welter Gilbert (DP):**

An der Zäit si jo Reuniounen ofgehale ginn, mä et sinn ni vill Leit dohinner komm. An dofir sinn déi Leit, déi drop gehalen hunn, awer nach ëmmer ugeschriwwe ginn. D'Gemeng huet déi Leit ëmmer ugeschriwwen, déi Intressi dorunner haten. Awer ech hunn nach näischt vun 2012 héieren, datt do eppes soll bekannt sinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer kucken dat no. Et ka sinn, datt et net un Iech virugaangen ass.

**Thein Joé (adr):**

Léif Kolleginnen a Kollegen. D'adr hat mat hirer leschter Motioun en Denkustouss gi wat d'Liichtverschmotzung ugeet, an domat eng Iddi ugeschwat, déi Bestanddeel vum Ëmweltschutz ass. Och dëst ass e reelle Problem fir d'Loftqualitéit an d'Gesondheet vun de Bierger. Mir haten e puer Erklärunge vum Schäfferot kritt an där Séance. Allerdéngs wëlle mir méi konkret gewuer ginn, wat am Beräich vun der Reduktioun vun der Liichtverschmotzung gemaach ginn ass, aktuell gemaach gëtt a fir d'Zukunft geplangt ass. Ass Liichtverschmotzung och Bestanddeel vum 14. Programm iwwer d'Loftqualitéit?

Dann e Wuert zum Crassier zu Rodange. D'adr emfënnt et alles anescht ewéi eng gutt Nouvelle, datt d'Aktivitéit op der Lëtzebuerger Säit nees opgeholl gëtt. Mer wëssen natierlech och, datt dee ganze Battaklim do verschafft muss gi fir datt mer e lass ginn. Dofir meng Froen. Wéi kann een dee Beräich adäquat virum Stëbs schützen? Dir wësst och, datt et ganz seriéis Protester dergéint ginn huet, an ech denken och net, datt iergendee vun de Leit, déi do an der Géigend wunnen, glécklech wiere fir elo nees géint Stëbswolleken ukämpfen ze mussen.

Wéi ass et dann och mat den Aktivitéiten um Crassier op dem franséischen Territoire? Ass do analyséiert ginn, wat fir eng Repercussiounen dat op eist Land huet? A ginn et vläicht agréabel Léisungen, déi d'Gemeng an Zesummenaarbecht mam Noper ka fanne fir eben aktiv géint d'Loftverschmotzung an d'Kaméidisbelästegung ze agéieren?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Liichtverschmotzung huet näischt mat dësem Dossier ze doen. Do steet näischt esou dran. Effektiv geet et jo drëm – dat ass jo vun 2000 un opgebaut gi wou déi Oppositioun war, a mer waren do och alleguer derbäi fir eis dogéint ze wieren - fir z'iwwerwaachen, wat déi aner Säit um Crassier geschitt. Dat ass ee Volet. Op där aner Säit hu mer och nach eng Firma, déi awer elo grouss Investissementer mécht, do implantéiert ass a wou mer och ëmmer ganz genee suivéiere wat do geschitt. An esoubal mer mierken, datt d'Wäerter méi schlecht ginn, da ginn déi potentiell Clienten, déi do ronderëm sinn an eventuell domatter eppes ze doen hunn, ugeschriwwen. An dat maache mer a regelméissegen Ofstänn. Den Här Mersch weess jo da ganz genee wat vu wou ka kommen, well hie jo d'Aktivitéit an deene Betriber kennt.

Datt mir muer oder iwwermuer nees eng Kéier kënne mat engem Problem konfrontéiert ginn, dat ass kloer. Well der wësst, datt eng Grenz dertëscht ass. Déi aner Säit vun der Grenz hu mer net deen Abléck wat do geschitt ewéi op eisem eegenen Territoire. An esouguer op eisem eegenen Territoire huet een net ëmmer déi Asiicht, déi ee misst hu fir 100-prozenteg kënnen ze suivéiere wat do ass. Mir ginn net gewuer, wann e Betrib aner Aktivitéite mécht oder seng Aktivitéiten eropsetzt. Do besteet keng Obligatioun fir de Gemengen- oder Schäfferot ze informéieren oder ze froen. Esou datt mer mussen oppassen. Dat hei ass en Outil, dee mer eis ginn hunn, an deen och gewierkt huet zënter 2000. An dat, fir op all Problem direkt ze reagéieren. Fir d'éischt mat den Techniker an dann iwwer aner Weeër.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wéi dir elo richteg gesot hutt, geet et net eleng ëm den SLR-Crassier, mä et geet haaptsächlech och ënnen am Duerf ëm eis Seveso-Firma, déi mer hei hunn. Et ass dat déi eenzeg, déi mer hei an der Gemeng hunn. Et ass dat Catalyst Recovery, déi muss iwwerwaacht ginn. Obwuel Investitiounen do waren an et Besserunge gi sinn, muss awer iwwerwaacht ginn. Well et lafe Gerüchter, datt owes alles ausgeschalt gëtt. Am Dag iwwer gëtt hire ganze Filtersystem ageschalt an owes ausgeschalt. Gutt, dat sief emol dohigestallt.

Wat den SLR-Crassier ugeet, do war ausser Stëbs e ganze Koup aner Sauereie gelagert. Wat virun allem vill méi schlëmm war an een och net gesinn oder geroch huet an och net upake konnt, ewéi et duerch d'Loft gaangen ass. Dofir ass et scho wichteg, datt mer déi Analysen do viruféieren, a mir begréissen et och, datt et virugefouert gëtt.

Wat mer awer net esou begréissen, dat ass, wéi den Här Welter scho gesot huet, datt d'Resultater net erauskommen. Virun allem steet am Punkt 1 – Biergerno Gemengen – vum Walprogramm vun der CSV, datt mer Biergerversammlunge maachen, datt mer géifen Opklärungsversammlunge maachen. Ech fannen, datt mer hei awer sollte Versammlunge mat de Resultater zu Rodange maachen, esou wéi mir dat schonn als déi gréng zënter Joere fuerderen. Net nëmmen d'Resultater dohinhänken, mä Versammlunge maache mat Spezialisten, déi d'Resultater erklären. Ech mengen, dat wiere mer de Bierger zwar wierklech schëlleg fir se anstänneg opzeklären. Well d'Leit menge wierklech, et géif eppes ënner den Teppech gekiert ginn an et wier net ganz propper, wéi dat géif oflafen. Fir deem virzebeuge wiere mir nach ëmmer dofir, datt do ëffentlech Versammlunge gemaach gi mat der Veréffentlechung vun de Resultater.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also, firwat déi Resultater net virleien, weess ech och net. Dat kann en technesche Problem sinn. Well et ass net eise Wëlle fir dat ze verstoppen. Dat mat den Informatiouns-versammlungen, do kann ech iech just soen, datt an deene leschten 3 Versammlungen all Kéier 3 Leit do waren. An déi Leit hunn eis gesot, se kéimen och net méi, well et géif hinnen duergoen, wa mer hinnen dat géife schécken. Mer kënnen dat awer nach eng Kéier probéieren, domatter hunn ech kee Problem. Mä ech gesinn awer och net direkt an, datt mer Informatiounsversammlunge maachen, grouss Spezia-liste komme loossen an da sëtzen 2 Leit do. Déi Leit si souwisou dauernd mat eise Servicer a Kontakt fir déi Informatiounen. Et sinn der näämlech och, déi sech hei an d'Haus informéiere kommen. Mer kënnen eng Kéier mam Här Linden schwätzen – déi aner Woch ass hie jo nees hei – ob hien dat wëllt. Da kënne mer nach eng Kéier en Effort maachen, mä mer mussen eis awer eens sinn, ob mer esou e Mann, ewéi den Dr. Mersch, komme loosse fir 2 oder 3 Leit. Mer kënnen et awer nach eng Kéier probéieren, ech wëll mech deem och net verschléissen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et hänkt natierlech och dovunner of, wéi d'Leit informéiert ginn, datt esou eng Versammlung ass. Ech mengen, da musse mer dat och ukënnegen, datt eng Informatiounsversammlung ass, an där d'Resultater presentéiert ginn. Dat musse mer am

viraus ukënnegen an de Leit och d'Méiglechkeet gi fir ze gesinn, datt esou eppes geschitt. Dat hänkt och vill mat eiser Informatiounspolitik an der Gemeng zesummen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also ech géif awer mengen, mer maachen déi Informatioun iwwer eise *Meng Gemeng*, iwwer Flyeren. Der kënnt eis awer soen, wéi Dir Iech déi Informatiounspolitik virstellt. Da kënne mer och nach dee Wee probéieren, deen Dir eis da virschlot. Ech kann Iech soen, datt och déi Leit, déi wesentlech un deem Dossier interesséiert waren – den Här Welter kann dat och konfirméieren -, gesot hunn, datt si d'Bedierfnes vun esou enger Reunioun net agesinn. Et géif duergoen, wa si d'Resultater kréichen a wa si eng Fro hätten, da géife si laanscht kommen. A wann eppes ze maachen ass, wann eppes Spezielles ass, zum Beispill datt mer de Leit miissten erklären, datt si hiert Geméis net méi dierften iessen, da géife mer selbstverständlech eng Versammlung maache fir d'Leit ze informéieren. Fir de Moment ass d'Situatioun esou gutt, datt eigentlech d'Saach esou ka lafen. Mä mer schwätze mam Här Linden an droen him Äre Wonsch vir. Mer kënnen et jo nach eng Kéier probéieren.

**Accord par 13 voix et 1 abstention (adr).**

## 9.

### Culture.

Convention avec le ministère de la Culture relative au Parc Industriel Ferroviaire du Fond-de-Gras – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Zënter dem Enn vun den 90er Joeren huet d'Gemeng eng Konventioun mat hinnen a wou d'Gemeng och e Subsid un de Parc Industriel Ferroviaire du Fond-de-Gras gëtt. D'Gemeng Déifferdeng gëtt e Subsid an de Kulturministère gëtt e Subsid, deen equivalent ass mat deenen, déi vu Péiteng an Déifferdeng kommen. Mer hunn awer elo festgestallt, datt déi Suen, déi mer an déi Asbl stiechen, net méi duerginn. Besonnesch wa mer e bësse méi professionell wëlle schaffen an och d'Woch iwwer déi Zich wëlle fuere loossen. Ob jiddwer Fall deelweis. Besonnesch och am Hibléck op en eventuellen Hotel, dat mer wëllen am Doihl opriichten. Mer wëllen den Tourismus hei méi förderen. A fir dat kënnen ze maachen ,musse mer deen een oder aneren hunn, dee professionell engagéiert ass. Mer kënnen eis do net nëmmen eleng op de Bénévolat verloossen, well an der Woch ginn déi Leit jo schaffen an hunn d'Méiglechkeet net, deen Zuch ze bedéngen.

Et ass eng Ufro vum Kulturministère komm fir hiren Apport ze erhéijen, a si géife sech dann och engagéieren, hiren Apport ze erhéijen. Do ass vun enger Zomm vu 60.000 Euro geschwat ginn. 30.000 Euro komme vum Kulturministère an de Rescht vun deenen 2 Gemengen. Mer hunn eis als Gemengen engagéiert fir dat ze maachen, a mer hu virgesinn den Apport, deen och am Fong an engem Budgetsartikel verankert ass, op 31.733 Euro hiewen, an dat bei enger Awunnerzuel vun 16.400 laut den Erhiewunge vum Statec am Joer 2012. Déifferdeng bezilt 43.217 Euro. Dat heescht, déi 2 Gemenge géife ronn 75.000 Euro bezuelen. Déi aner 75.000 Euro bréngt dann de Stat. Dat wier dann einfach fir eis aner Méiglech-keeten ze gi fir am Fond-de-Gras ze funktionéieren an eisen touristesche Volet, dee jo ganz interessant ass, weider kënnen z'entwéckelen.

**Bosseler Camille (CSV):**

Ech hu scho méi dacks intervenéiert, datt uewenaus beim Train 1900 Bänke feelen an datt d'Passerellë fir d'Foussgänger miisste gemaach ginn. Et geet net duer, datt se do ukommen a sech dann Hals a Bee briechen op de Schwellen. Dat ass alles vermuuscht, dat Holz. Ech hunn deem Verantwortleche vum Zuch dat scho gesot, ech hunn et och scho bei iech gesot. Also do kéint eppes ënnerholl ginn. An och déi Ramp, déi eriwwer geet an de Fuussbësch. Déi eeler Leit, déi kommen do net méi erop.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer schwätze mam Fierschter, datt deen dat mécht. Ech hat de Moie kuerz no 8 Auer scho Rieds mat him.

**Bosseler Camille (CSV):**

Da wäert et elo scho fäerdeg sinn. Ech soe Merci wann dat esou séier geet.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Spaass op der Säit. Et muss een awer och soen, datt een d'Propriétéitsverhältnisser muss kucken. Wat déi Schwellen ugeet, do si mer op friemem Terrain. Dat gehéiert der Gemeng net, a mer kënnen net einfach esou do schaffen. Mer si jo dauernd amgaangen ze kucke mat ProActif a mam Cigl – esou wäit dat an Zukunft nach wäert méiglech sinn – wat fir eng Aarbechte kënne gemaach ginn. Do musse mer eis awer och mam Besëtzer eens ginn ob et gemaach ka ginn oder net. Mer stelle jo awer als Gemeng Personal iwwer de ProActif zur Verfügung ewéi bei där Hal, wou de Réibau elo ageweit gëtt. Wann dat hei eng Noutwennegkeet ass a wa mer mam *Train 1900* e Wee fanne fir dat ze maachen, da wäerte mer selbstverständlech do eng Hand mat upaken. Well d'„Ressources humaines" sinn op der Plaz.

**Bosseler Camille (CSV):**

Haaptsächlech och no de Bänke kucken. Fréier waren et d'Syndicaten, déi duerno gekuckt hunn, datt Bänken dorëmmer wieren. Well et si vill Spazéiergänger, déi gäre raschten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer kucken duerno. Mer musse just oppassen, ob et op eisem Terrain ass, well op friemem Terrain kënne mer keng Bänken opstellen.

**Accord à l'unanimité.**

## 10.1.

### Vie associative.

Statuts de la nouvelle société «Africalor – section luxembourgeoise» - information.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei huele mer eng nei Sociétéit zur Kenntnis, déi d'Statute bei eis déposéiert huet.

**Il en est pris acte.**

## 10.2.

### Vie associative.

Changements des statuts de l'asbl «Les Amis du Chien de Lamadelaine» - information.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dëse Veräin huet seng Statute geännert, an dat huele mer dann och zur Kenntnis.

**Il en est pris acte.**

# Gemeinderatssitzung vom 12. April 2013

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV) – bis Punkt 7.4. inkl.<br>**Polfer John** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Mertzig Romain** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Gilbert** (DP)<br>**Thein Joé** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP)
**Gira Carlo** (CSV) – ab dem Punkt 8
**Rosenfeld Romain** (CSV)

### 1. - Personal.

Ernennung eines Mitarbeiters (w/m) in der Funktion des Arbeiters mit Behinderung - Beschluss.

Der Gemeinderat Petingen hat einstimmig entschieden, folgende Entscheidung zu veröffentlichen: Frau Veronica Brosius aus Rodange wurde mit Wirkung vom 1. Mai 2013 an zur Unterstützung der Kämmerei unter dem Statut des behinderten Arbeitnehmers eingestellt.

### 2. - Schulwesen.

Anträge auf Derogation der Beschäftigungsordnung in Bezug auf vier Posten im Lehrbereich – Beschluss.

Dieser Punkt wurde in Geheimsitzung behandelt.

### 3. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt aus sowie Ernennung eines Mitglieds in die Integrationskommission - Beschlüsse.

Frau Alessandra Vieni wurde mit 11 Stimmen als Vollmitglied in die Integrationskommission genannt. Herr Thein (adr) hat es abgelehnt, an der Abstimmung teilzunehmen.

### 5. - Personalfragen.

Schaffung eines Redakteur-Postens (m/f) sowie Streichung eines „expéditionnaire administratif“-Postens (m/f) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6. - Schulwesen.

Dienstalterliste des Lehrpersonals des Schuljahres 2012/2013 – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.1. - Liegenschaften.

Akt mit Herrn Giuseppe Nardella und Frau Maria Villani bezüglich einer Grundstücksabtretung in der rue de la Piscine in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 7.2. - Liegenschaften.

Aktes mit Herrn Joseph Nangeroni und Frau Danielle Nangeroni bezüglich des Abtretens eines Grundstücks in der rue de la Résistance in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 7.3. - Liegenschaften.

Neuer Mietvertrag mit den Eheleuten José Carlos Bastos und Alessandra Do Nacimento Bezerra zwecks Vermietung einer Gemeindewohnung auf Nummer 2 in der Prince Jean-Straße in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 7.4. - Liegenschaften.

Bestimmungsänderung des alten Pfarrhauses in Lamadelaine - Prinzipienbeschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8. - Umwelt.

Bewilligung der Diagnose bezüglich der Luftqualität in der Gemeinde – Beschluss.

Bewilligung mit 13 Ja-Stimmen (CSV und LSAP) sowie 1 Enthaltung (adr).

### 9. - Kultur.

Konvention mit dem Kulturministerium bezüglich des Industrie- und Eisenbahnpark im Fond-de-Gras – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**10.1. - Vereinswesen.**

Statuten der neuen Vereinigung „Africalor – Luxemburger Sektion“ - Information.

Der Gemeinderat hat hiervon Kenntnis genommen.

**10.2. - Vereinswesen.**

Statutenänderung der asbl „Les Amis du Chien de Lamadelaine“ - Information.

Der Gemeinderat hat hiervon Kenntnis genommen.

---

# Séance publique du 13 mai 2013

***Durée de la séance:*** *15.30 à 17.00 heures*

**Présents:**

**Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV)

**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)
**Linden Jeannot**, 3e échevin (LSAP)

**Bosseler Camille** (CSV)
**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)
**Gira Carlo** (CSV)
**Polfer John** (CSV)
**Rosenfeld Romain** (CSV)

**Brecht Guy** (LSAP)
**Gonçalves Cátia** (LSAP)
**Pierre Norbert** (LSAP)

**Becker Romain** (déi gréng)
**Scheuer Romain** (déi gréng)
**Welter Gilbert** (DP)
**Thein Joé** (adr)

**Absents et excusés:**

**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV),
**Mertzig Romain** (LSAP)

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (15.00 heures)**

1. Personnel: Démission volontaire d’un fonctionnaire communal - décision.
2. Prévisions sociales
   - 2.1. Démission volontaire d’une éducatrice diplômée - information.
   - 2.2. Nomination d’un éducateur gradué (m/f) - décision.
3. Enseignement musical: Démission volontaire d’un chargé de cours - décision.
4. Bilan présenté par l’assistante d’hygiène sociale du service médico-socio-scolaire.

**Séance publique (15.30 heures)**

5. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale
   - 6.1. Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l’exercice 2012 - décision.
   - 6.2. Autorisation globale d’ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées - décision.
   - 6.3. Titres de recettes - approbation.
   - 6.4. Remplacement d’un membre dans la commission de la jeunesse - décision.
7. Ordre public: Prorogation de l’heure de fermeture des débits de boissons publics à l’occasion de la braderie de Rodange de 2013 - décision.
8. Propriétés
   - 8.1. Approbation du compromis avec la société Atrium Promotions sàrl pour la cession de terrains à Rodange - décision.
   - 8.2. Approbation de l’acte avec les héritiers de M. Camille Kaufmann pour l’échange de terrains à Pétange - décision.
   - 8.3. Approbation du contrat de bail avec l’Etat luxembourgeois pour la location d’un pavillon scolaire sur l’ancien site du lycée LTMA à Pétange - décision.

9. Enseignement: Projet d'organisation scolaire 2013/2014 - décision.
10. Environnement: Déclaration d'intention pour les champs électromagnétiques de la téléphonie mobile - décision.
11. Cultes: Approbation de l'acte entre la Fabrique d'Eglise de Rodange et l'asbl « Aal Rodanger Guiden a Scouten » pour la cession d'un terrain à Rodange - décision.
12. Transports et communications
    12.1. Règlement de la circulation routière portant sur les travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue du Clopp et le chemin de Brouck à Rodange - ratification.
    12.2. Règlement de la circulation routière portant sur les travaux de renouvellement des infrastructures dans diverses rues et dans le quartier scolaire « An Eigent » à Pétange - ratification.
13. Vie associative
    13.1. Modification des statuts du « Syndicat d'Initiative de Pétange » - information.
    13.2. Statuts du « BVB Fanclub Lëtzebuerg-Süd » - information.
    13.3. Dissolution du « Péitenger Computer Club » - information.

# COMPTE RENDU

## 1. à 4.

**Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public la décision suivante:

M. Thierry Rolles est engagé comme éducateur gradué à tâche complète (40 heures/semaine) pour les besoins des Maisons Relais.

## 5.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir wësst, datt de Schäfferot ëmmer den 30. Abrëll d'Konte vun deem Joer virdrun arrêtéiert. Mir hunn also elo de Kont 2012 arrêtéiert an do hu mer am Total Recettë vun 59,6 Milliounen Euro an Ausgabe vun 66,9 Milliounen Euro. Dat heescht, dës Konte vun 2012 schléisse mat engem Mali vu 7,3 Milliounen Euro of. Zesumme mam Report vun 2011, dee sech op net grad 16 Milliounen, dat heescht 15,890 Milliounen Euro, belaf huet, ginn um Enn vum Exercice 2012 8,67 Milliounen Euro op dat lafend Joer 2013 iwwerdroen.

Am ordinären Deel bleiwen d'Recetten 2012 par rapport zum Joer 2011 op deem selwechten Niveau, dat heescht bei knapp 55,1 Milliounen Euro. D'Ausgabe klammen awer ëm 4,7 Prozent, vun 40,2 op 42,1 Milliounen Euro. Dëst ergëtt dann e Réckgang vum ordinären Iwwerschoss vun 14,7 Milliounen Euro am Joer 2011 op elo knapp 13 Milliounen Euro am Joer 2012. Dat ass eng Diminutioun vun 11,6 Prozent.

Den ordinären Iwwerschoss am Kont 2012 läit, wéi gesot, dann um Niveau vum Budget rectifié, dee mer fir 2012 virgesinn haten, dat heescht bei 13 Milliounen Euro. Dat ass, wéi gesot, e Réckgang vun 1,7 Milliounen Euro par rapport zum Kont 2011.

D'Haaptursaach vun dësem Réckgang läit un alleréischter Stell beim Impôt commercial communal, dee mat 13,17 Milliounen Euro 2,6 Milliounen Euro ënner dem Rekord-ICC vum Joer 2011 läit an deemno ongeféier dee selwechten Niveau huet wéi 2010.

Wat elo déi aussergewéinlech Ausgaben ubelaangt, esou sinn déi mat 24,84 Milliounen Euro wesentlech méi héich wéi an deenen 2 Joere virdrun, wat dann och den Total-Mali aus dem Kont 2012 erkläert. Et bleift awer ze soen, datt dëst Finanzresultat fir 2012 als gutt ugesi ka ginn an d'Finanzéierung vun eisem Plan pluriannuel weiderhin assuréiert ass.

Dat ass dat, wat ech kuerz wollt zu de Chiffere vun 2012 matdeelen an Iech esou en Iwwerbléck ginn iwwer dat, wat dëst Joer an eise Konte steet. Dir wäert och an deenen nächsten Deeg dee Kont nach zougestallt kréien.

## 6.1.

**Administration générale.**

Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2012 – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zum Punkt "Etat des recettes restant à recouvrer". Dir hutt den Tableau krut an et kann ee feststellen, datt vun deene 6.864.202 Euro u Recetten, déi eranzekomme sinn iwwer Taxen, der 190.013 Euro net erakomm sinn. Do muss een awer soen, datt do eng Rechnung vun Arcelor, déi kuerzfristeg erausgaangen ass, nach net bezuelt ginn ass. Déi Rechnung alleng mécht scho 55.000 Euro aus. Et ass dat d'Kanaltax, déi Arcelor muss bezuelen an Zesummenhang mat hirer Firma zu Rodange. Déi Sue sinn ënnerwee an do gëtt d'Rechnung am Ausland ofgewéckelt. Esou datt, wa mer déi Zomm erakréien – wourunner net ze zweiwelen ass – mer dann nach e Restant vun 134.210 Euro hunn am deen um selwechten Niveau läit wéi dee vun 2011. Well du waren et der 137.690.

Wann een de Restant a Relatioun par rapport zu de Recettë setzt, da stellt ee fest, datt 2007 1,57% vun de Recetten net erakomm sinn, 2008 waren et 1,55%, 2009 waren et 2,19%, 2010 waren et 1,83%, 2011 waren et 2,07 an 2012 waren et mat der Rechnung vun Arcelor 2,72% an ouni déi Rechnung vun Arcelor 1,96%.

Esou datt ee ka soen, datt dee Restant all Joer Enn Abrëll bei ronn 2% läit. Dat heescht, och dës Kéier leie mer an der Norm vun all deene Joere virdrun.

Mir hunn och proposéiert fir eng Décharge ze gi vun 29.123,71 Euro. Dat si Fäll, wou mer festgestallt hunn, datt mer eigentlech keng Sue méi kënne kréien, sief dat duerch eng Faillite, oder datt eng Persoun fortgaangen ass a mer déi net méi erëmfannen. An deene Fäll huet eis de Receveur proposéiert, fir eng Décharge ze ginn.

Fir all déi aner Fäll brauch de Receveur – an dat ass de Punkt 6.2. vun der Dagesuerdnung – eng “Autorisation globale d’ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées”. An déi Autorisatioun musse mer dem Receveur ginn, fir datt hien déi restlech Suen nach kann andreiwen.

**Accord à l’unanimité.**

## 6.2.

### Administration générale.

Autorisation globale d’ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées – décision.

**Accord à l’unanimité.**

## 6.3.

### Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 15.778.769,02 euros – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da kéime mer zu den Titres de recettes, wou mer nach zum engen de Rescht vum Joer 2012 hunn a wat eng appréciabel Zomm an der Héicht vun 9.336.595,74 Euro ass. Hei wier besonnesch ervirzesträichen déi Zomm, déi mer aus dem Pacte Logement huele fir een Deel vun de Bauaarbechte vun der Rollenger Schoul ze finanzéieren. Et sinn dat 1.000.000 Euro an dat hate mer och esou am Budget virgesinn. Mir hunn och 2 weider substantiell Subside krut. Et ass dat eng éischt Tranche fir de Bau vun deene 4 Klassesäll vum 1. Zyklus zu Rodange (742.976 Euro), souwéi de Subsid fir d’Renovatioun vun der Péitenger Schwämm (325.500 Euro).

Dir gesitt och, datt mer nach e Congé politique rembourséiert kruten. Et sinn dat ronn 111.000 Euro. Et ass dat fir de Suessemer Buergermeeschter. Dat ass awer fir d’nächst Joer net méi de Fall, well hie vu Februar 2012 un an der Chamber ass an dofir net méi op eiser Gehaltsléscht steet.

Dann hu mer och nach eng Rei Remboursementer krut vu “frais de remboursement” an der Grondschoul. Et sinn dat eng Kéier 121.000 an eng aner Kéier 191.000 Euro. Do hu mer nach eng gewëss Zomm ze kréien an do huet de Stat nach e bëssen Nohuelbedarf.

Da fält och op, datt mer vum Ministère nach 2 Tranche krut hu fir d’Musekschoul. Et ass dat fir Schouljoer 2011/2012. Et ass dat zweemol eng Part vu 415.707 Euro.

Da koum och nach de Sold vun 2012 vun der Dotation de l’Etat eran, dee bei 5.674.504,13 Euro läit.

Da komme mer zum Joer 2013, wou mer schonn eng éischt Tranche vu 6.442.173,28 Euro u Recettë kruten. An do sprangen haaptsächlech déi éischt Tranche vum Impôt commercial (2.657.000 Euro) an d’Aen, esou wéi och de Sold vum 1. Trimester vun der Dotation de l’Etat (3.586.814 Euro).

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Zu den Titres de recettes vun 2012 wollt ech froen, firwat datt bei der Positioun 18 “Vente de bois” e Minus vu 4.911,92 Euro agedroen ass?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass dat eng Annulatioun vun enger Rechnung. Do ass eng Kéier Holz geklaut ginn a mir haten och eng Déclaratioun un de Parquet gemaach. An dofir muss déi Zomm erëm erausgebucht ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hunn elo gesinn, datt erëm Holz gemaach ginn ass am Bësch, a wéi et do läit, ass et kee Problem fir et matgoen ze loossen. Och wann an dësem Fall de Betrag elo net esou héich war, esou sinn et awer Suen an et sollt ee sech awer Gedanke maache fir d’Holz vläicht direkt vun der Plaz ewechhuelen. Net datt mer et permanent geklaut kréien. Et miisst een dofir an deem Sënn beim Fierschter intervenéieren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass richteg a mir wäerten dee Message och un de Fierschter, deen zoustänneg ass fir de Verkaf vun deem Holz, viruginn. Hie soll dofir suergen, datt d’Holz op eng Plaz geluegt gëtt, wou et net esou einfach ass fir et ze erreechen an et méi schwéier ass, datt ee sech einfach kann zerwéiere goen.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech wëll just zu den Titres de recettes bemierken, datt et gutt ass, datt mer hei an der Gemeng eng riguros Finanzpolitik bedreiwen. Well soss kéint et emol sinn, datt mer Uganks des Joers en Enkpass an eiser Trésorerie kréien. Well 5,7 Milliounen Euro vun der Dotation de l’Etat vun 2012 verbuche mer op den Abrëll 2013, esou wéi weider 6,3 Milliounen Euro fir dat éischt Trimester 2013 an 2,7 Milliounen Euro fir den Impôt commercial fir dat éischt Trimester 2013.

Hei schéngt Trésorerie de l’Etat net esou riguros ze si wéi mir hei op der Gemeng.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass richteg, datt mer – grad esou wéi och aner Gemengen – um Enn vum Joer oder um Ufank vum Joer drop sécherlech Enkpäss hunn. Well d’Ausgabe si meeschtens schonn Enn Januar getätegt. Wann ech nëmmen d’Musekschoul als Beispill huelen, da kënnt am Abrëll 2013 de Remboursement vum Schouljoer 2011/2012. An d’Ausgabe si scho laang getätegt an da muss ee schonn eng gewëss Réserve hu fir déi Sue virzestrecken. Mä dorunner si mer gewinnt a mir wëssen, datt eng Rei Gemengen, déi e bësse méi enk an hirer Finanzsituatioun sinn, um Ufank vum neie Joer Problemer hu fir d’Enner zesummen ze kréien an hir Trésorerie propper ze halen.

**Polfer John (CSV):**

Beim Holz gëtt et haut schonn d’Méiglechkeet, datt een en Chip kann dra verstoppen a wann et da geklaut gëtt, datt kann een och erausfannen, wou d’Holz higefouert ginn ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat gi mer dem Fierschter dann och mat op de Wee.

**Approbation à l’unanimité.**

## 6.4.

### Administration générale.

Remplacement d’un membre de la commission de la jeunesse – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D’CSV huet eis matgedeelt, datt den Här Martins Dias Rui aus der Jugendkommissioun erausgeet. Hie schafft bei eis op der Gemeng a war engersäits Member an anersäits Sekretär vun der Jugendkommissioun, wat hie selwer an och mir net gutt fannen. Dofir verzicht hien op säi Mandat an der Jugend-kommissioun a mécht dann an Zukunft nëmmen nach d’Sekretariat. Als Géigeleeschtung proposéiert d’CSV den Här Fabien Hermes als neie Member fir d’Jugendkommissioun.

**Brecht Guy (LSAP):**

Wie war virdru Sekretär an där Kommissioun?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Virdru war den Här Christopher Schmitt Sekretär vun der Jugendkommissioun.

**Becker Romain (déi gréng):**

Här Buergermeeschter, Dir sot elo selwer, datt Dir dat net gutt géift fannen, wann e Member an engems och Sekretär vun enger Kommissioun wier.

Mä mir fannen dat heiten och net gutt. Den Här Martins war bei deene leschte Gemengewalen op der Lëscht vun der CSV. Elo krut hien eng Aarbecht hei an der Gemeng. Dowéinst ass hien dann och elo Sekretär gi vun der Jugendkommissioun. Mir fannen et och net gutt, well hie selwer och Member ass an der Partei a wou Dir och nach en neie Member wëllt an d'Kommissioun setzen.

Dat ass an eisen Aen net ganz transparent, well et gesäit aus, wéi wann déi ganz Kommissioun just vun enger Partei géif gesteiert ginn. Dat heescht, de Sekretär ass an der Partei an de Gros vun de Membere sinn an där selwechter Partei. Ech weess net, wéi gutt Dir dat fannt oder wéi Dir dozou stitt?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt de Sekretär a senger Fonctioun eigentlech an deene Sëtzunge guer net ze intervenéieren huet. De Sekretär huet als Fonctioun fir de Rapport ze maache vun deem, wat do diskutéiert gëtt.

Firwat ass hien elo Sekretär vun där Kommissioun ginn? Ma dat ass geschitt duerch eng Traditioun, déi an dësem Haus besteet. De Sekretär war ëmmer eng Persoun, déi entweder an der Recette oder am Finanzservice geschafft huet. A wéi elo den Här Christopher Schmitt démissionéiert huet, den Här Martins an d'Recette komm ass, an op déi fräi Plaz vum Här Schmitt nach kee genannt ass, hu mer der Verwaltung den Optrag gi fir e Sekretär fir d'Jugendkommissioun ze sichen. An ech kann lech soen, datt kee sech drëm rappt fir d'Sekretariat an enger Kommissioun ze iwwerhuelen an et net esou einfach ass fir eng Persoun ze fannen, déi di Fonctioun wëll iwwerhuelen. A souwisou ass d'Jugendkommissioun jo nëmmen eng konsultativ Kommissioun an et ginn an där Kommissioun keng Décisioune geholl. An déi eenzeg Fonctioun vum Sekretär ass fir de Rapport ze maachen an de Link ze maachen tëscht deem, wat d'Kommissioun proposéiert an dem Schäfferot.

**Vote secret:**
**Par 14 voix et 1 abstention, M. Fabien Hermes, de Lamadelaine est nommé comme nouveau membre de la commission de la jeunesse.**

## 7.

### Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de la braderie à Rodange/Lamadelaine – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Nodeems mer eng Rei fräi Nuechten am Ufank vum Joer festgehalen hunn, kommen déi zwou Braderien ëmmer méi spéit am Joer no. Mir hunn elo den Datum vun der Rodanger Braderie matgedeelt kritt an déi wier den 2. Juli 2013. Den Datum vun der Péitenger Braderie kenne mer nach net. Esou datt mer elo hei géife proposéieren, fir an den Uertschafte Rodange a Lamadelaine um Braderiesdag, den 2. Juli, eng fräi Nuecht festzeleeën.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

### Propriétés.

Compromis concernant la cession d'emprises de la part de la société Atrium Promotions S.à r.l. – décision.

*Contenance totale des terrains: 8 ares*

*La cession des terrains se fait à titre gratuit dans le cadre d'un PAP.*

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu engem Compromis an Zesummenhang mat enger "cession d'emprises gratuite", déi d'Firma Atrium Promotions S.à r.l. muss maachen am Kader vum PAP, deen zu Rodange, ënnen am Chemin de Brouck, gemaach gouf.

Dir wësst, datt am Brouckerwee, ënne bei der Eisebunn, e klengt Lotissement mat e puer Haiser entstanen ass, an do geet et drëm, datt d'Gemeng an de Besëtz vun deene Stroossen an Trottoire kënnt, déi do ugeluegt goufen. An déi gi vum Promoteur, esou wéi dat am Kader vum PAP virgesinn ass, gratis cédéiert.

D'Terrainen hunn eng Gréisst vu 5,45 Ar, respektiv 2,55 Ar. Wann de Gemengerot elo haut heimatter averstanen ass, well et och e Bestanddeel ass vun deem PAP, da gëtt de Compromis haut guttgeheescht an den Acte ka gemaach ginn. Domatter wieren dann déi Terrainen am Besëtz vun der Gemeng Péiteng.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Well mer jo elo d'Stroossen als Gemeng sollen iwwerhuelen, wollt ech froen, ob de Problem mat der Kanalisatioun behuewen ass? Do war jo eng Zäit e Problem, datt d'Leit Waasser am Keller hätten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dee Problem ass behuewen. De Problem hat domatter ze dinn, datt mer déi ganz Kanalisatioun un d'Kläranlag wollten uschléissen a mer dofir vun ënnen aus dem Brouckerwee erop an d'Lonkescher Strooss gepompelt hunn. Dat war zu deem Zäitpunkt nach net fäerdeg a si hätten zu deem Zäitpunkt missten no ënnen ofschëdden, wéi alleguerten déi aner aus dem Brouckerwee. Dat war net gemaach ginn. An der Tëschenzäit fonctionnéiert dat awer alles. Dat heescht, et gëtt alles eropgepompelt, fir datt et an d'Kläranlag geet. Mä am Ufank hunn déi Pompelen nach net fonctionnéiert a si haten den Uschloss net no ënne gemaach. An dofir huet an där Strooss de Problem mam Kanal bestanen. Mä dee Problem ass awer mëttlerweil geléist.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

### Propriétés.

Acte avec les héritiers de M. Camille Kaufmann pour l'échange de terrains à Pétange – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bei dësem Punkt hate mer schonn de Compromis de 4. Abrëll 2012 ënnerschriwwen, an de Gemengerot hat dësen och den 21. Mee 2012 guttgeheescht.

Et geet drëm, fir en Tosch vun Terraine mat den Ierwe vum Här Camille Kaufmann ze maachen. Et sinn dat 2 Bëscher um Hierschtbierg. Mir cédéieren als Gemeng e Bësch mat enger Contenance vun 17,01 Ar a mir kréien op der aner Säit e Bësch vu 15,20 Ar. Dat Ganzt gëtt gemaach "sans soulte" an den Acte ass den 10. Abrëll 2013 virum Maître Karine Reuter gemaach ginn.

Wa mer deen Acte elo haut guttheeschen, dann hu mer dësen Dossier ofgeschloss a mir kréien d'Méiglechkeet fir dee Wee – dee mer scho méi laang am Budget stoen hunn an deen uewe laanscht d'Grenz geet – ze realiséieren. Well deen Terrain, dee mer elo hei kréien, ass eis vun Notze fir kënnen eng Verbindung ze maachen an net ëmmer duerch d'Belsch mussen ze fuere fir vun engem op deen aneren Deel vum Bësch ze kommen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 8.3.

### Propriétés.

Contrat de bail avec l'Etat luxembourgeois pour la location d'un pavillon scolaire sur l'ancien site du lycée – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu engem weidere Bail fir e "pavillon scolaire" um ale Site vum LTMA.

Dir wësst, datt mer jo schonn am Januar, wéinst der Parkschoul, schonn e Mietvertrag hei am Gemengerot hate fir vum Stat en duebelstäckege "pavillon scolaire" ze lounen. An deem Pavillon hu mer 12 Schoulklassen ënnerbruecht an dat bis mer nees nom 15. September normal kënnen an der Parkschoul Schoul halen.

Well awer elo déi Aarbechte méi laang dauere wéi geduecht, wollte mer en zousätzleche Pavillon lounen. Dat war och de Wonsch vum Léierpersonal an dat géif eis och erlabe fir haaptsächlech d'Appui-Stonne besser kënnen z'assuréieren.

Dat gouf dann och mam Finanzministère ofgeschwat an de Mietvertrag läit elo vir. Mir bezuelen och fir dësen zousätzleche Pavillon 700 Euro pro Mount. Wann de Gemengerot heimatter averstanen ass, dann hätte mer kee Problem fir iwwer d'Ronnen ze komme bis d'Parkschoul erëm definitiv fir de Schoulbetrib opgeet.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Op deem Areal, wou déi Pavillone stinn, waren ëmmer d'Luuchten un. Dat ass awer elo zanter enger Zäit net méi de Fall, an dat ass zimlech geféierlech, well jo awer owes an nuets do relativ vill Unfug bedriwwe gëtt. Sief dat, datt de Site verknascht gëtt oder datt Fënstere futti geschloe ginn. Et miisst ee vläicht beim Stat – dee jo nach ëmmer Propriétaire ass – intervenéieren, datt déi baussegt Luuchten erëm ageschalt ginn an datt och Dreckskëschten dohinner kommen.

Da wollt ech och nach froen, wéiwäit d'Ofrappaarbechte vum ale Schoulgebai selwer sinn? Kann de Schäfferot och schonn Informatioune ginn, wéi et mat de Verhandlunge mam Stat steet, wat d'Terraine betrëfft?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wat d'Luuchten ubelaangt, esou musse mer domatter bei de Stat goen. Well mir dierfen net selwer op der Plaz intervenéieren. Ech weess, datt dee Problem scho méi dacks virkomm ass a mer schonn öfters an deem Sënn beim Stat intervenéiert hunn. Normalerweis hu se dann och doropper reagéiert.

Déi Situatioun wäert nach unhale bis Enn Juli / Uganks September. Well d'Genehmegungsprozedur leeft fir all déi aner Gebaier ofzerappen. Et ass virgesinn, datt vum Hierscht un alles ewechgerappt soll ginn an datt d'nächst Joer ëm dës Zäit näischt méi do steet. Déi Prozedur ass also entaméiert a mir hunn d'Dossieren och schonn heibanne fir déi Approbatiounen ze ginn.

Wat soll elo op deen Terrain hikommen? Et waren éischt Gespréicher am Januar mam Här Reuter vum Ministère, dee fir d'Uschafe vun Terraine beim Stat zoustänneg ass. Doropshi sinn eng Rei Leit – well et jo e Statsterrain ass – scho virstelleg ginn an hunn Intressi un dësen Terraine gewisen. Et ass dat engersäits de *Fonds du logement* oder och nach d'*Société nationale d'habitations à bon marché*. A schlussendlech ass et och de *Ministère de la Famille*, deen Intressi weist fir verschidden Infrastrukturen op dee Site ze setzen. Do sinn d'Diskussiounen am gaangen. Mir haten elo nach eng Kéier Récksprooch mam Här Reuter geholl an hie sollt elo an der zweeter Halschent Mee oder Ufank Juni nach eng Kéier bei eis komme fir eis ze soen, wat de Stat elo schlussendlech envisagéiert fir op där Plaz ze maachen.

Dat eenzegt, wou mir als Gemeng eng Demande gestallt hunn, - an ech mengen och aus éischte Gespréicher kënnen erauszehéieren, datt dat machbar wier – dat ass, fir eventuell en Deel vun deem Terrain ze reservéiere fir eis nei Musekschoul kënnen drop ze bauen. Et war dat eng Iddi, déi mer ëmmer erëm an d'Diskussioun erabruecht hunn. A fir all déi Partner, mat deene mer bis elo geschwat hunn, an déi eventuell Intressi un deem Terrain hunn, schéngt et kee Problem ze si fir do eng Kompatibilitéit tëscht der Musekschoul an deenen Aktivitéiten, déi de Ministère op deem Terrain virgesäit, ze hunn. Esou datt mer wahrscheinlech eng Plaz vir eis nei Musekschoul op deem Terrain kënne kréien.

Wéi gesot, d'Diskussioune lafen an ech kéint mer virstellen, datt spéitstens am Hierscht dem Gemengerot e Plan directeur kéint virgestallt ginn a wou de Gemengerot dann och schonn e bësse géif gesinn, wat de Ministère proposéiert fir mat eis zesummen op deem Terrain ze maachen. Bei deem, wat mir bis elo gesinn hunn, ass näischt dobäi, wat esou dramatesch ass, datt mer et net als Gemeng wéilten. Et sinn e puer flott Initiativen, déi do projezéiert sinn, an et muss een elo kucken, wat de Stat um Enn zeréckbehält fir ze realiséieren.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hat scho viru längerer Zäit an enger Sëtzung gefrot, ob d'Gemeng net och do miisst Terrain reservéiere fir Schoulraum. Gëtt deen net méi gebraucht oder ass do och négociéiert ginn?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Reservéieren heescht och kafen. An ech mengen net, datt de Stat haut esou einfach den Terrain hir gëtt.

An eisem PAG hu mer awer hanner der Eigent-Schoul Terrain reservéiert, deen en Ausbau vun der Schoul géif erméiglechen. Do ass een Deel vum Terrain, deen eis scho gehéiert an deen aneren Deel nach net. Och do miisste mer Terrain kafen, wa mer wéilten d'Schoul ausbauen.

Et ass also schonn Terrain virgesinn. Et miisst ee kucken, ob een net och nach sollt zousätzlechen Terrain um Areal vum alen LTMA virgesinn, mä mir mussen awer och kucken, ob dat finanziell tragbar ass. Prioritär – géif ech mengen – wier et hanner der Eigent-Schoul, wou en Ausbau kéint geschéien. Mä, wéi gesot, do hu mer och nach net all Terrain an eisem Besëtz.

**Gira Carlo (CSV):**

Et wier net gutt, wann een dat Ganzt géif verbauen an et hätt ee guer keng Méiglechkeet méi fir zousätzleche Schoulraum ze schafen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass richteg.

**Gira Carlo (CSV):**

Da wollt ech och nach an deem Zesummenhang froen, wéi d'Aarbechten an der Parkschoul viruginn an ob mer do keng weider Iwwerraschunge méi kritt hunn?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Assainissementsaarbechte sinn ofgeschloss. Et war net esou dramatesch wéi ursprénglech ugeholl gouf. Déi Eternitsplacken, wou Asbest dra war, waren nach laang net an all Klassesall. Mir hunn och alleguerten déi hëlze Vertäfelungen an de Gäng erausgerappt, well och do "TBEP" festgestallt gi war a mir wollten op jiddwer Fall op Nummer sécher goen.

Mir wäerten elo an deenen nächsten Deeg d'Chapë maachen an da gëtt de Lino verluegt an de Gank frësch ugestrach. Et gesäit fir de Moment also duerno aus, datt ab dem 15. September erëm normal Schoul kann do gehale ginn. Mir fänken awer net méi dëst Schouljoer, well et huet kee Wäert fir 3 Woche virun der grousser Vakanz nach eng Kéier en Transfert vun de Schüler an d'Parkschoul ze maachen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt froen, ob de Schäfferot eng Informatiounsversammlung fir d'Eltere mécht wann d'Aarbechte bis ofgeschloss sinn? Ech hat dat jo schonn eng Kéier gefrot an et gouf mer gesot, datt dat géif geschéien. Well et sinn awer nach ëmmer Leit, déi froen, wat leeft oder wéi schlëmm et war.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et gi sécherlech 2 Saachen. Dat eent ass, – wann emol alles um Dësch läit, an op deem Punkt si mer elo praktesch ukomm – datt eise Service soll e Courrier preparéieren, fir domatter de Leit matzedeelen, wat an deene Raimlechkeete festgestallt ginn ass a watfir Aarbechte gemaach gi sinn. Dëse Courrier wäert an deenen nächste Wochen erausgoen. Well ech hunn dem Schoulservice scho gesot, datt se esou ee Courrier solle preparéieren.

Déi zweet Saach ass déi - an dat war scho gesot ginn - , datt mer eng Informatiounsversammlung maachen ier mer zeréck an d'Parkschoul ginn. Et bréngt awer wahrscheinlech net vill, fir deene Leit, wou d'Kanner d'nächst Joer an de Lycée ginn, déi Informatiounen ze ginn, well dës jo net méi zeréck an déi Schoul ginn. Dat heescht, mir wäerten – en vue vun der Schoulrentrée 2013/2014 – esou eng Versammlung maachen. Et muss een elo kucken, ob et besser ass, fir déi Versammlung schonn am Juli ofzehalen, just ier d'Schoul aus ass, oder ob een domatter bis an de September waart, wann d'Kanner nees an d'Schoul kommen. Dat musse mer nach mam President vun der Schoul ofschwätzen. Mä et gëtt eng Informatiounsversammlung gemaach. Dat hate mer och versprach an dat maache mer och. An da muss een deene Leit – besonnesch déi, déi ab dem September do an d'Schoul ginn – matdeelen, watfir Problemer do waren a wéi déi Problemer geléist goufen.

Mir hunn op jiddwer Fall de Maximum gemaach, well mir hunn esouguer Saachen erausgerappt, déi net onbedéngt néideg waren. Et ass elo keen Asbest an och keen TBEP méi an deem Gebai ze fannen. Op deene Plazen, wou nëmmen iergendwéi e Soupçon war, hu mer alles erausgerappt.

**Approbation à l'unanimité.**

## 9.

### Enseignement.

Projet d'organisation scolaire 2013/2014 – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

All Joer am Mee gëtt d'Schoulorganisatioun vum kommende Joer festgeluegt. Dës Kéier ass et dann déi fir d'Schouljoer 2013/2014 an do geet et haaptsächlech drëm fir d'Zuel vun de Schoulklassen, d'Zuel vun den Appui-Stonnen, d'Zuel vun den Accueilsklassen ze definéieren, fir datt dann och d'Léierpersonal kann an deenen nächsten Deeg festleeën, wie watfir eng Klass iwwerhëlt. An doropshi kënne mer iwwer d'Lëscht 1, d'Lëscht 2 an d'Lëscht 3 déi Posten, déi net besat sinn, besetzen.

Wat ass zu der Schoulorganisatioun ze soen? Mir haten eng Circulaire vum Ministère kritt an där de Contingent fir d'Gemeng festgeluegt gouf. Deen huet miisste berücksichtegt ginn an déi 3 Comités d'écolen, mat hire jeeweilege Presidenten, hunn dann d'Zuel vun de Klasse festgeluegt. Och hu se d'Zuel vun den Appui-Stonne pro Schoul festgeluegt, esou wéi och d'Accueilsklasse fir d'ganz Gemeng Péiteng.

Dat gouf och vum Schoulinspekter favorablement aviséiert a schlussendlech huet och d'Schoulkommissioun den 29. Abrëll 2013 dës Schoulorganisatioun guttgeheescht.

Wann een d'Zuel vun de Kanner kuckt, da muss ee sech fir d'alleréischt op de Cycle 1.1. bis 4.2. konzentréieren. Well beim Précoce sinn d'Aschreiwungen nach net ofgeschloss, esou datt een do nach net déi definitiv Zuelen huet. Fir de Moment, wann een d'Schoulroganisation 2013/2014 kuckt, sinn am Cycle 1.1. bis 4.2., dat heescht ouni de Précoce, 1.671 Kanner agedroen. Wann een dann och nach eng Kéier 460 Kanner fir de Précoce dobäirechent, da leie mer bei ongeféier 1.825 Kanner.

Wann een déi 1.671 Kanner mat deene Joere virdru vergläicht, esou hate mer dat Joer virdrun 1.608 Kanner, 2011/2012 1.645 Kanner an am Schouljoer 2010/2011 1.618 Kanner. Dat heescht, mir leien elo andauernd tëscht 1.608 an 1.670 Kanner an eiser Gemeng.

Wéi verdeelt dat sech op déi 3 Schoulen? Mir hunn zu Rolleng – dat heescht, mir schwätzen ëmmer hei vum Cycle 1.1. bis 4.2. – 271 Kanner, déi ageschriwwe sinn. Mir hu 16 Schoulklassen, wat eng Duerchschnëtt vun 16,9 Kanner pro Schoulklass ausmécht. Dësweideren hu mer nach 4 Intervenante fir den Appui, dat heescht, Leit, déi Kanner mat Schwieregkeete kënnen encadréieren.

Zu Péiteng hu mer 787 Kanner bei 49 Schoulklassen. Dat ass eng Moyenne vu 15,4 an do hu mer 8,5 Intervenanten, déi fir den Appui zoustänneg sinn.

Zu Rodange hu mer 613 Kanner bei 28 Klassen an dat gëtt en Duerchschnëtt vu 16,1 Kanner pro Klass. Zu Rodange hu mer dann och 6,5 Intervenante fir den Appui.

Dat heescht, am Total hu mer 106 Klassen an 19 Intervenanten am Appui. Am normale Fall, ouni déi Leit, déi Turnen oder Schwammen halen, hu mer 125 Léierinnen a Schoulmeeschteren, déi eis 1.671 Kanner encadréieren.

Dobäi kommen dann nach 4 mol 2 Gruppe fir de Précoce. 1 fir Lamadelaine, 1 zu Rodange an 2 zu Péiteng. Et sollen och nach 3 Accueilsklassen – do hu mer awer nach net dee leschten Aval – dobäikommen. D'lescht Joer hate mer 3 Accueilsklassen. Dat sinn déi Primo-arrivanten, déi weder Däitsch, Franséisch nach Lëtzebuergesch kënnen, an déi dann an eng spezial Klass komme bis se prett si fir an déi normal Klassen iwwerzegoen. 3 Accueilsklassen hu mer

ugefrot, mä mir hunn do dee leschten Accord nach net krut. Mä et gesäit awer duerno aus, datt mer och dëst Joer erëm 3 Accueilsklasse kréien.

Schlussendlech bleift nach eng Klass, an dat ass d'Classe nature. Do hu mer e Schoulmeeschter, deen zu Lasauvage ass an dee sech do ëm eis Schoulklasse këmmert. Do hu mer dann eng Persoun op der Plaz, deen déi Kanner encadréiert an hinnen déi néideg Informatioune ka ginn an och déi néideg Aktivitéite mat de Kanner ka maachen.

**Gira Carlo (CSV):**

Wann ech elo richteg matkritt hunn, da ginn 2 Klasse bäigemaach an 2 Appuisklassen ofgeschaf. Mir hunn awer héieren, datt mer e relativ héijen Taux hu fir eisen Contigent duerch de Sozialfactor. Ginn déi Appuisstonnen dann elo an deene Klasse gemaach oder firwat ginn déi Stonnen net méi gebraucht?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt haut de Ministère de Contigent festsetzt an de Comité d'école muss kucke fir mat deene Stonnen eens ze ginn. Et ass also net méi esou, datt ee ka soen, datt een den Appui nach wëll halen an d'Klasseneffektiver wëll erofsetzen, mä et muss een e Choix treffen, well een an deem Contigent muss bleiwen, dee vum Ministère festgeluegt gouf. An der Schoulkommissioun hu mer dat och mat de Comité d'écolen diskutéiert a mir sinn der Meenung, datt et méi richteg wier, fir den Effektiv erofzesetzen wéi datt een nach méi Appuisstonne géif ginn. Dat heescht, si hu fräiwëlleg op 2 Intervenanten am Appui verzicht an dat fir méi kleng Klasseneffektiver ze hunn.

Et ass e Choix, dee si getraff hunn an dee sécherlech och sënnvoll ass. Well de Schoulinspekter huet dat och guttgeheescht. An als Schoulkommissioun hu mer eis och där Propositioun ralliéiert. An och als Gemengerot solle mer si emol gewäerde loossen. Vläicht iwwerleeën se sech et déi nächste Kéier aneschters – dat weess ech net – , mä si hu ganz kloer gesot, datt se hu miissten e Choix treffen an hire Choix ass kloer an d'Richtung vu méi klenge Klasseneffektiver gaangen.

**Gira Carlo (CSV):**

Wann elo méi kleng Klasseneffektiver do sinn, da kann ee jo dovunner ausgoen, datt se méi Zäit hu fir déi eenzel Schüler.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Genee.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass mer opgefall, datt am ganzen Text vun der Schoulorganisatioun keng Rieds vun deem berühmt berüchtegte PEP (Plan d'encadrement périscolaire) ass, a wou an der Circulaire vum Ministère un d'Gemengen drasteet, datt "toutes les communes ont l'obligation de mettre en oeuvre un premier PEP dès la rentrée 2013/2014". Wéi gesi mir dat als Péitenger Gemeng?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat hei ass u sech déi éischt Etapp, déi mer ëmmer esou fréi am Mount Mee maache fir éischtens d'Klassenzuel ze definéieren an esou dem Léierpersonal d'Méiglechkeet ze gi fir d'Klassenopdeelung ze maachen a festzeleeë wie watfir eng Klass hëlt an zweetens fir déi fräi Posten op de Lëschten 1 bis 3 vum Ministère auszeschreiwen.

Elo kënnt nach eng zweet Diskussioun, an domatter wäert de Gemengerot am Mount Juni befaasst ginn, wou et dann ëm d'Schoulorganisatioun "proprement dite" geet. An do ass dann dee PEP e Bestanddeel dovunner. Mir hunn déi Note och vum Ministère krut an eis Servicer sinn am gaangen dorunner ze schaffen. D'Maisons relaisen, mat deenen eenzelne Presidenten a Comités d'écolen, sinn am gaangen un deem Dokument ze schaffen. Mir sinn op deem Wee, datt mer pro Schoul, dat heescht eng Kéier Lamadelaine, eng Kéier Rodange an eng Kéier Péiteng, esou ee PEP maachen.

Wéi gesot, am Kader vun der ganz normaler Schoulorganisatioun, déi mer am Juni hei am Gemengerot wäerten diskutéieren, a wou dann och déi Annexen an all déi aner Saache vun der Schoulorganisatioun mat diskutéiert ginn, wäert dee PEP mat op d'Dagesuerdnung kommen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, mir halen eis als Péitenger Gemeng un d'Circulaire an eise PEP géif stoe wann dat neit Schouljoer ugeet?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ganz richteg.

**Becker Romain (déi gréng):**

A wéi ee Modell gëtt da geholl? Ass et just de "modèle de base", wou een nëmmen den Inventaire mécht, oder ass et de Modell 2 "collaboration renforcée" oder de Modell 3 "encadrement à journée continue"?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech kann Iech elo scho soen, datt de Modell 3 net de Fall wäert sinn. De Modell 1 ass sécherlech iwwerall de Fall. Et muss een awer kucken, ob watfir engem Niveau mer an deenen eenzelnen Uertschafte sinn. Esou kann et sinn, datt mer vläicht zu Rolleng de Modell 2 hunn an zu Rodange – well et vläicht méi schwiereg ass a well do d'Distanze méi grouss sinn – nëmmen de Modell 1 hunn. Dat heescht, et ass op mannst 1 Uertschaft, wou mer wëssen, datt déi Zesummenaarbecht vill méi intensiv ass an an enger anerer Uertschaft sti mer eréischt um Ufank. Esou datt ech fir de Moment net ka genee soen – well d'Madame Conter ass nach am gaange mat deenen néidege Servicer duerno ze kucken – ob mer beim Modell 1 oder beim Modell 2 sinn. Ech sinn awer der Meenung, datt mer iwwerall beim Modell 1 leien an néierens beim Modell 3. Mä et kann awer sinn, datt mer schonn an engem Gebai beim Modell 2 sinn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat wier jo super. Well et ass näämlech guer net evident. Et ass net evident wie weem wat muss soen, wien Intervenant bei weem ka sinn. Well e Schoulmeeschter dierf net onbedéngt ouni Weideres an enger Maison Relais eran- an erausgoen. Et ass net evident a vum Législateur – loosse mer et emol esou soen – ass et net onbedéngt ausgeräift.

Mä wa mer awer schonn um gudde Wee sinn, dann ass dat ze begréissen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif soen, datt et och eng Prozedur ass, déi "évolutive" ass. Dat heescht, mir fänken elo emol mat Eppes un a mir musse weider dorunner schaffen. Mir wäerte sécherlech fir d'nächst Schouljoer domatter um Enn ukomm sinn. Mir mussen do mat der Zäit evoluéieren. Mä de Fait, datt ee sech elo mat där Saach ausernee setzt, ass scho vill wäert. Et ass dat déi éischt Etappe, déi gemaach gëtt, an déi nächst Etappë wäerten nokommen.

**Accord à l'unanimité.**

## 10.

### Environnement.

Déclaration d'intention concernant les champs électro-magnétiques de la téléphonie mobile – approbation.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Beim Opriichte vun neien Antennë fir d'Télécommunicatioun an och vun anere Netzbedreiwer, froen d'Bierger, ob déi magnéitesch Strahle keng Schied – wat d'Gesondheet betrëfft – hannerloossen. Oft gëtt sech dann un d'Gemeng gewand, obwuel d'Gemeng weder zoustänneg ass fir d'Vergi vun de jeeweilege Frequenzen, nach wat d'Stäerkt vun deene Frequenze betrëfft.

Well negativ Effekter op d'Gesondheet aktuell net ausze-schléisse sinn, an och nach d'Wëssen – op laang Zäit gekuckt – feelt, wéi d'Reaktioun vum mënschleche Kierper op déi nei Technologië sech weist, gi mer gutt dru virzebauen. Ausserdem sollt och nach dofir gesuergt ginn, datt mer net en Antennebësch an der Landschaft hunn.

Den Text, deen en Engagement zur Sécherheet an eng "Déclaration d'intention" ass, ass erstallt gi vun der Gemeng Lëtzebuerg. D'Gemenge Biekerech, Bartreng, Beetebuerg, Esch/Uelzecht, Kayl, Réimech, Suessem, Schëffleng a Stroossen hu sech deem ugeschloss.

Mir proposéieren dem Gemengerot, fir eis och deem Text un-zeschléissen an déi "déclaration d'intention" guttzeheeschen.

Wann elo Froen oder Remarken zu deene feintechnesche Saache sollte sinn, a wann ech net direkt kann drop äntweren, well ech jo och keen Ingénieur an där Matière sinn, propo-séieren ech dem Gemengerot, fir seng Froen eran ze ginn an ech suergen dofir, datt Dir eng Äntwert iwwer en Ingénieur, deen an deem Beräich doheem ass, zougestallt kritt.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Fir d'éischt wëll ech hei op den Titel vun dëser "déclaration d'intention" opmierksam maachen. Bei ganz villen Études an och déi vum *Centre international de la recherche sur le cancer* vun der O.M.S. geet Rieds vun "champs électromagnétiques de radiofréquence". An dësem Zesummenhang ass de Kriibsrisiko als méiglech, dat heescht als "peut-être cancérogène pour l'homme" unerkannt ginn. Wier et also net sënnvoll, datt mir eis doropper alignéieren? Ech weess och net, wat den Ënnerscheed ass tëscht "champs électromagnétiques de la téléphonie mobile" an "champs électromagnétiques de radiofréquence". "Téléphonie mobile" fannen ech e bëssen enk formuléiert.

Prinzipiell fannen ech esou eng "déclaration d'intention" och gutt, de "principe de précaution" ass hei och richteg well mer eben déi Risiken nach net ganz genee kennen, obwuel mer eis vläicht instinktiv schonn denke kënnen, datt dat net ganz gesond ass. Mir mussen eis awer méi large Gedanke maachen, notamment wa mer vun elektromagnéitesche Felder schwätzen, geet jo net nëmme Rieds vun Antennen, mä och vu Wifi a Satelliteschosselen. Ech denken hei och spontan un eis Maisons relaisen, Schoulen, Gemengegebaier oder aner Infrastrukturen, wou mer och zum Beispill de Wifi hunn. Et wier also sënnvoll, datt mer d'Problematik als Ganzes gesinn, an notamment och, wat d'Informatiounscampagne ugeet, an datt mer am Text hei net nëmme vun "téléphonie mobile" schwätzen, mä allgemeng vun "ondes" oder "champs électromagnétiques".

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Wann een déi 4 Ofsäz duerchliest, déi hannert "entendu le porte-parole du collège des bourgmestre et échevins" an der Délibératioun drastinn, da fannen ech, datt alles an deenen Zeilen drasteet. Dat heescht, et muss eng "concertation avec le citoyen" an eng "information objective et transparente du public" gemaach ginn.

Wann een déi 4 Artikelen duerchliest, da mengen ech, datt näischt doranner géif feele fir deene Saachen nozekommen, wéi Dir et elo hei erkläert hutt.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ech wollt just verhënneren, datt Wifi-Bornen opgeriicht ginn. An dat wier an deem Kader mat dran. A wa mer nëmme vun "téléphonie mobile" schwätzen, da kann et sinn, datt verschidde Leit et ze enk gesinn an et just fir d'Handye gesinn.

Wéi gesot, ech sinn och keen Expert. Mä am Text steet alles mat dran an dofir verstinn ech net, datt mer am Titel vun "téléphonie mobile" schwätzen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Ech sinn och keen Expert. Wann awer nach eng méi präzis Déclaratioun sollt kommen, da muss ech en Ingénieur froen, dee sech doranner auskennt an da kann eng Äntwert preparéieren. Ech kann déi Äntwert selwer net ginn, well ech keen Expert an där Matière sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et kéint ee vläicht e Kompromëss maachen, an deem ee vun "divers champs électromagnétiques" schwätzt an den Terme "téléphonie mobile" ewech léisst. Dann hätt een alles opgelëscht, wat theoretesch generell wier.

**Becker Romain (déi gréng):**

Meng Virriedner hunn allebéid gesot, datt se keng Spezialiste wieren. Ech sinn och kee Spezialist, mä Dir kënnt Iech awer wahrscheinlech drun erënneren, datt mer eng Kéier eng länger Diskussioun hei am Sall haten, wéi Vox Mobile un eis erugetrueden ass fir eng Antenn op de "bâtiment administratif" op der Maartplaz ze stellen. Dat war de 24. Abrëll 2006 hei an dësem Haus.

Ech hat dunn och gefrot, ob et net méiglech wier, fir datt Vox Mobile, déi Zäit hu se nach esou geheescht, sech géif un d'Post ralliéieren, well e puer Meter ewech vum "bâtiment administratif" op der Post eng Antenn vu Luxgsm steet. Et sollt een näämlech dee ganzen Antennebësch – haaptsächlech hei am Zentrum vu Péiteng – verhënneren an dofir suergen, datt net ëmmer nëmmen Antenne bäikommen.

Den Här Linden sot elo ganz richteg, fir deen Antennebësch ze verhënnere géife mer déi Déclaratioun elo hei stëmmen. Esou eng Déclaratioun ass gutt gestëmmt, et kascht näischt, et deet kengem wéi. Mir soen domatter, datt mer eng Intentioun hu fir doropper opzepassen. Mä et si net mir, déi doropper oppassen. Mir mussen engem un d'Häerz leeë fir doropper opzepassen, well mer jo alleguerte keng Spezialiste sinn.

Dësweidere ginn et dann awer och Études, wou vun epileptesche Krise bis Kriibs, oder wéi och ëmmer, alles agetratt ass bei Leit, déi no bei esou Antenne liewen. Dat gëtt et och an den Här Buergermeeschter huet mir deemools gesot, datt – wat d'Études ubelaangt – et där enger an där anerer géif ginn. Dat ass natierlech richteg. Et gëtt eng Lobby fir déi eng Säit an eng Lobby fir déi aner Säit. Do solle mer eis näischt virmaachen. Mä wann et awer ëm d'Gesondheet geet, da soll een awer wierklech oppassen.

Mat där Déclaration d'intention hei kann een averstane sinn. Wann een elo de Plan sectoriel vun den Antenne kuckt, da gesäit dee wierklech wéi en Antennebësch aus, well mer haaptsächlech zu Rodange laanscht Grenz e ganze Koup Antenne gesat hu fir eben net duerch de belschen a

franséische Réseau absorbéiert ze ginn. Den Här Buergermeeschter hat mer och deemools scho gesot, datt et net flott wier, datt een zu Rolleng de belschen oder franséische Réseau géif kréien. Mä dofir hu mer jo elo d'Grenz voll Antenne gesat, fir datt dat net méi soll de Fall sinn.

Deemools, wou iwwer déi Antenn op der Maartplaz ofgestëmmt ginn ass, war nëmmen 1 Conseiller géint d'Opriichte vun där Antenn, an dat war de Vertrieder vun deene Gréngen, näämlech ech selwer. All déi aner, déi elo menge si géifen hei gutt di mat enger Déclaration d'intention, waren deemools alleguerte fir déi Antenn. Ech wollt Iech dat just nach eng Kéier als Informatioun hei weiderginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech kann Iech Recht ginn an deem Sënn, datt mir relativ vill Antennen op där Plaz hunn. Mä et ännert näischt un der Saach, datt, wann ech zu Lamadelaine wëll Réseau hunn – egal wou d'Antenn wäert stoen – de Réseau eng gewësse Stäerkt muss hunn. Zu Lamadelaine sinn d'Strahlen awer dann déi selwecht, egal op se vu Frankräich aus gestrahlt ginn oder vun der Grenz aus. Wann ech gäre Réseau hätt, da weess ech, datt ech engem gewëssene Prozentsaz vu Strahlen ausgesat sinn. Mir kënnen eis mat der beschter Déclaration d'intention Gedanke maachen, mä ech mengen net, datt mer vill kënne matschwätzen an där Saach. Well dat Recht hu mer guer net. Well dee Plan sectoriel definéiert, wou d'Antennen opgestallt ginn, an net mir. A mir mussen eis un d'Spillregelen halen. A wann dee Plan sectoriel eng Kéier gestëmmt gëtt, dann ass dee rechtskräfteg an dee läit iwwer eisem PAG a mir kënnen do guer näischt méi maachen.

An deemools war d'Diskussioun, ob mer *Vox Mobile* d'Erlaabnis géife gi fir eng Antenn um Bâtiment administratif opzeriichten oder ob se déi Antenn solle bei der Post opstellen. An d'Differenz wier net all zevill grouss gewiescht, well et louchen nëmmen e puer Meter dotëscht.

Ech si komplett mat Iech averstanen, datt ee sech muss Gedanke maachen. Ech weisen och drop hin, datt mer ganz gutt mussen drop oppassen, datt mer net méi allzevill doranner ze bestëmmen hunn. An an der Délibératioun hei soe mer, datt mer deene Leit, déi doriwwer décidéieren, mat op de Wee ginn, datt se solle Récksiicht huele beim Autoriséiere vun den Antennen a beim Definéiere vum Plan sectoriel.

**Gira Carlo (CSV):**

Wann een als leschte Riedner d'Wuert kritt, da brauch een net méi alles ze widderhuele wat ee wollt soen. Den Här Buergermeeschter huet drop higewisen – an dat steet och an der Déclaratioun dran - , datt mer op de gudde Wëlle vun de Bedreiwer ugewise sinn, well mer an der Législatioun näischt méi an där heite Saach ze bestëmmen hunn. Ech hat och déi Bedenke mat deene Wifi-Statiounen, an dat schéngt jo elo gekläert ze sinn.

Op wat ech awer och nach wëll hiweisen ass – an dat soe Spezialisten - , datt déi Strahlen, déi vum Handy selwer ausginn, méi héich si wéi déi vun den Antennen. An ech weess net op d'Gesellschaft bereet ass, fir an där dote Saach zeréckzegoen. Et miisst een also d'Leit och emol drop hiweisen a jiddereen u seng eege Verantwortung erënneren. Well wann d'Kanner vill den Handy benotzen, da sinn déi och de Strahle vum Handy ausgesat.

**Welter Gilbert (DP):**

Virdrun ass gesot ginn, datt mer sollen den Terme "téléphonie mobile" bei der Approbatioun ewechloossen an nëmmen nach vun "champs électromagnétiques" solle schwätzen. Dat gesinn ech awer net esou, well et gëtt jo nach eng ganz Rei Felder vu Wellen, déi näischt mat der Telephonie ze dinn hunn. Ech denken do un d'Radioswellen oder Televisiounswellen. An dofir mengen ech, datt een dat onbedéngt miisst dra stoe loossen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif da proposéiere fir den Text a senger ursprénglecher Form stoen ze loossen. Kann d'Madame Gonçalves och domatter liewen?

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Jo.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.

### Cultes.

Acte entre la Fabrique d'Eglise de Rodange et l'asbl « Aal Rodanger Guiden a Scouten » pour la cession d'un terrain à Rodange – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir haten de 5. Mäerz 2012 schonn en Avis favorable fir d'Cessioun vun engem Terrain am Doihl zu Rodange ginn, wou mer 11,94 Ar moyennant mat engem Bail emphytéotique vun 27 Joer vun der Kierchefabrik un d'asbl Aal Rodange Guiden a Scouten guttgeheescht haten.

Den Akt ass elo virum Maître Joseph Elvinger aus der Stad opgestallt ginn an et geet elo drëm fir dësen Akt guttzeheeschen, fir datt déi Transaktioun kann iwwer d'Bühn goen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Firwat ass deen Akt gutt a firwat gëtt dësen op 27 Joer gemaach? Huet dat e bestëmmte Grond?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt esou Bails emphytéotiques ganz oft op 27 Joer gemaach ginn. Firwat datt d'Kierchefabrik dat mat der asbl Aal Rodanger Guiden a Scouten esou ofgemaach huet, wësse mir och net, well mer net esou an d'Detailer agewise sinn. Fakt ass, datt se op deem Terrain en neie Scoutschalet wëllen opriichten. Firwat de Bail elo op 27 Joer soll lafen, kann ech Iech net soen. Et war awer och schonn esou am Compromis festgehale ginn.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Mir hunn hei mat enger Approbatioun ze dinn, déi am Fong keng ass, an ech wëll hei de Schäfferot froen, firwat dat als Approbatioun dra steet, wou mer an der Sëtzung vum 26. Februar 2013 vun engem Avis geschwat hunn? Well genee dat ass et. Et ass am Reglement vun 1809 virgesinn, datt mer do en Avis ofginn, mä vill Bedeitung huet dat jo souwisou net, well och wann de Gemengerot majoritaire dogéint ass, denken ech net dass dat en Afloss hätt. Jiddefalls hunn ech näischt am Reglement fonnt wat d'Décisioun vun der Kierchefabrik kéint réckgängeg maachen.

Grad ewéi virun 3 Méint sinn ech nach ëmmer der Meenung, datt d'Kierchefabrik selbstänneg iwwer seng Avoirë bestëmme soll, esou wéi all Bierger och, a wäert mech bei dësem Vote nach eng Kéier enthalen. Well ech gesinn einfach net an, dass mir do eng Meenung ausdrécke bei Bienen, déi eis net gehéieren. Mäin Noper freet mech och net ob ech averstane sinn, datt hie säin Haus verlount oder verkeeft.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

De Fait, datt mir hei mussen en Avis ginn, huet domatter ze dinn, datt mir awer e bësse méi mat der Kierchefabrik ze dinn

hu wéi Dir mat Ärem Noper senge Güter. Well wann d'Kierchefabrik en Defizit mécht, da musse mir dësen als Gemeng droen. Nach ëmmer. Wéi laang, datt dat awer nach de Fall wäert sinn, dat wësse mer net. Well do gëtt jo fir de Moment un enger méi grousser Trennung vun deenen zwou Institutioune geschafft a wann dat eng Kéier antrëtt – wat déi meescht sech erwaarden – a wann do wierklech eng Trennung ass an datt d'Gemengen näischt méi mam Defizit vun de Kierchefabriken ze dinn hunn, dann ass et fir mech och selbstverständlech, datt d'Gemengen och net méi dierfe gefrot gi wann en Akt gemaach gëtt.

D'Ursaach, firwat mer dat haut maachen, ass, datt wann d'Kierchefabrik hir Güter elo all wéilte lass ginn, da kéint dat jo mat sech bréngen, datt se keng Revenuë méi kréien an datt d'Gemeng doduerch miisst ee méi héijen Defizit decken. An dat ass d'Ursaach, firwat d'Gemenge fir de Moment nach all kéiers gefrot gi bei Transaktiounen.

Da sot Dir, datt et u sech keng Approbatioun wier. Dozou sief ze soen, datt de Compromis muss aviséiert ginn an den Akt awer approuvéiert muss ginn. An dat aus deem Grond, datt ee sech net als Gemeng e méi groussen Defizit schaaft.

Egal wéi musse mer eis dozou ausschwätzen. An deen heiten Terrain huet och souwisou keng Revenuë generéiert. Et ass dat e klengen Terrain, deen net verpacht gouf an och doduerch kee Revenu verluer geet.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech wëll nach dozou bemierken, datt d'Gemeng doduerch och nach op engem anere Punkt Gewënner ass. Well d'Scoute riichten op deem Terrain – zwar mat der Ënnerstëtzung vun engem Subsid – e Chalet op, bei deem Gemeng duerno awer net méi fir d'Folgekäschte brauch opzekommen. Well d'Guiden an d'Scouten hunn dat bis elo ëmmer selwer gemaach.

**Approbation par 12 voix (CSV, DP, adr, MM. Brecht, Linden, Pierre) et 3 abstentions (déi gréng, Mme Gonçalves).**

## 12.1.

### Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière portant sur le renouvellement des infrastructures dans le chemin de Brouck et la rue du Clopp à Rodange – ratification.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Da komme mer zu der Ratifikatioun vun engem Verkéiersreglement, wat d'Stroossen "Brouck" a "Clopp" zu Rodange betrëfft. Hei ginn nei elektresch Leitunge geluegt an d'Post mécht och bei den Aarbechte mat. Bei deem Appartementshaus, dat do gebaut gëtt, muss och de Kanal erneiert ginn. Den Uschloss vun deem Neibau louch méi déif wéi de Kanal an der Strooss, esou datt elo do opgerappt gëtt. Op enger Längt vun ongeféier 20 Meter leet de Propriétaire vun deem Gebai en neie Kanal a baut och e Schacht fir kënnen dat Haus un de Kanal unzeschléissen.

Gläichzäiteg gëtt op där anerer Säit – dat ass dat Stéck an der rue du Clopp tëscht der rue du Stade an dem Brouckerwee, do wou den Transformator vu Creos steet – och en Uschloss gemaach.

De Schäfferot huet dat Verkéiersreglement – well Urgence bestanen huet – scho geholl an et wier elo um Gemengerot fir dëst Reglement ze ratifizéieren, esou datt mer mat deenen Aarbechte kënnen ufänken. Een Deel vun den Aarbechte leeft schonn, mä et ass awer och nach een Deel, deen ze maache bleift. Ënner anerem ass dat de Kanaluschloss an de Schacht, vun deem ech elo geschwat hat.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Aarbechte musse jo gemaach ginn an et ass jo och flott, datt Rodange ëmmer méi grouss gëtt. Rodange ass zwar gläich zougebaut, mä dat ass eng aner Astellung dovunner.

Et ass och richteg, datt eng Deviatioun muss gemaach ginn. Mä wann ee laanscht de Stade Jos. Philippart eroffiert, da wëssen d'Leit awer net, wou se duerno solle weiderfueren. Well do steet kee Schëld, wou d'Ëmleedung weidergeet.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dat heescht, d'Schëld feelt, wou et an d'rue Jos. Moscardo erageet?

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Jo. Do miisst onbedéngt d'Ëmleedung gezeechent ginn.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Ech hu mer dat notéiert a ginn dat weider un eisen zoustännege Service.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

D'Madame Conzemius huet schonn ee Punkt ugeschwat, mä et gëtt awer nach eng Plaz, déi net glécklech ass. Wann een d'rue Schio eropfiert, da steet do e Schëld, datt d'Leit momentan net dierfen eropfueren. Wann awer elo dee ganzen Eck do zougemaach gëtt, da wëssen d'Leit gläich net méi, wou se sollen hifueren. Well wa se vun der Lonkescher Strooss duerch d'Cité wëllen eropfueren, da steet dat Verbuetsschëld do an da mussen d'Automobilisten – no engem Tour duerch d'Cité – erëm zeréck an d'Lonkescher Strooss fueren. Et ass e bësse kompliz éiert an een, dee sech net do auskennt, dee weess net méi wou e soll hifueren. Och wann d'Leit duerch d'Fontaine d'Olière wéilte fueren, dann ass déi awer oft duerch Camionen, déi vun der Tankstell kommen, blockéiert. Dofir wier et net schlecht, wann ee kéint zwëschenzäitlech duerch d'rue Schio eropfueren, och wann d'Leit aus der Cité dat net esou gäre gesinn.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Ech loossen dat och nokucken.

**Brecht Guy (LSAP):**

D'Madame Conzemius huet schonn een Deel vu menger Fro gestallt. Ech wollt Iech awer nach op eng Saach opmierksam maachen. Wann e puer Aarbechte matenee gemaach ginn, da miisst awer e bëssen eng besser Coordinatioun bestoen. Ech ginn Iech ee Beispill:

Et ass elo e gudde Mount hier, do huet ee probéiert fir iergendwéi aus dem Rodanger Duerf aus op Rolleng ze kommen. Do ass Philippart-Strooss zou, de Blobierg war zou an an der rue Nic. Biever – wat deen eenzege Wee nach war fir op Rolleng ze kommen – goufe Strécher gezeechent. D'rout Luuchten hunn och dee Moment net fonctionnéiert an et war richtege Chaos deen Dag an deem Eck.

Dowéinst miisst dofir gesuergt ginn, datt eng besser Coordinatioun bei der Ausféierung vun den Aarbechte géif bestoen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Och dat hunn ech mer notéiert.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

De gréissten Deel ass elo scho gesot ginn. Wann een zu Rodange wunnt an dann och nach e Commerce huet, dann

ass ee momentan e bëssen ofgeschniddden. Ech si mer bewosst, datt d'Aarbechte musse gemaach ginn, mä wat mech un där ganzer Saach e bësse stéiert ass, datt d'Entrepreneure sech d'Saach e bëssen zevill einfach maachen. Verschidde Saache ginn einfach stoe gelooss, d'Schëlter gi stoe gelooss, et gëtt näischt Provisoresches gemaach. Ech nennen nëmmen ee Beispill:

Vis-à-vis vum chinesesche Restaurant steet zanter November eng décke Bagger, deen net a Fonctioun ass, an deen einfach nëmmen do steet. Dat si 4 bis 5 Parkplazen, déi doduerch verluer ginn. Déi Maschinn steet zanter November einfach do an ech sinn iwwerzeegt, datt viru September déi och net an de Gebrauch geholl gëtt.

Mat e bësse guddem Wëlle wier och dat Lach fir an d'Schoul-strooss schonn zou. Mä da gëtt einfach d'Bréck gemaach an da gëtt erëm e bësse geschafft. Da kommen déi vun der Sebes, an duerno déi vum Gas, asw. Déi eenzeg Leit, déi hir Aarbecht éierbar an am Délai gemaach hunn, waren eis Leit vun der Gemeng, déi de Waasseruschloss gemaach hunn. Déi hunn hir Aarbecht op deem Dag gemaach, deen ugekënnegt war. Mä bei deenen aneren Aarbechte geet et einfach net virun.

En ähnleche Fall war beim Bau vun deem Gebai vis-à-vis vum Kulturzenter zu Rodange. Do gouf einfach d'Halschent vun der Strooss zougemaach, d'Camionen goufen ënnen am Blobierg higestallt, oder 5 Camionnette vun enger Entreprise stoungen do ouni eng Parkscheif ze leeën. Et gëtt sech ëmmer déi einfachste Léisung gesicht. Déi Entreprise hätt och hiert Geschir kënnen an eng Camionnette leeën an déi aner 4 Camionnetten op e Parking setzen.

Wa momentan schonn esouvill Problemer duerch déi Schantercher sinn, da mussen déi Leit, déi vun eis op d'Chantiersreunioune ginn, dach gesinn, datt zum Beispill dee Bagger scho 5 Méint do steet a kee Milimeter geréckelt gouf. Ech sinn iwwerzeegt, datt se dee Bagger emol iwwerhaapt net méi ukréien.

Dat si Saachen, wou ee mat wéinege Mëttele ganz vill maache kéint. Laanscht de Kleederbuttek oder bei mir virum Restaurant sinn d'Uschlëss fäerdeg, den Trottoir ass gemaach a wa se nëmmen eng provisoresch Couche géife maachen, da kéinten déi Piqueten ewechgemaach gi bis se erëm mat den Aarbechten uewenaus weiderfueren.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Ech loossen no deem Problem mam Bagger kucken. Ech muss awer och soen, datt mer als Gemeng ëmmer manner ze soe kréien. An der Chamber ass décidéiert ginn, datt den Entrepreneur muss säi Chantier selwer zeechnen. Esou Décisioune gi geholl an da kënnt een als Gemeng dohinner an et kann een emol kee Chantier zeechne well mir net dofir zoustänneg sinn.

Ech si guer net mat deene Saachen averstanen, a mir wäerten och duerno kucken.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei hu mer de Problem, datt bei dësem Chantier zwee Bauhären do sinn. Et ass dat Ponts et Chaussées – well et eng Nationalstrooss ass – an et si mir.

Dobäi kënnt och nach, datt den Entrepreneur net esou geschafft huet, wéi mir dat wollten. Well do ass et ëmmer schwéier ze sanktionéieren a mir sinn am gaangen ze iwwerleeë fir nei Kontrakten ze schafen, an deene Sanktioune virgesi sinn a mer domatter och eng Handhab hunn. Dat ass awer net esou einfach, well déi Kontrakte muss een emol fir d'éischt approuvéiert kréien.

Mir hunn och elo den nächsten Dënschdeg eng Versammlung op der Plaz, bei där mer mat de Leit schwätzen. Mir erwaarden eis, datt d'Leit net zefridde sinn, mä mir kucken awer, datt mer hinne kënne Léisunge virschloen an datt mer ganz kloer Engagementer vun der Gemeng aus kënne virleeën.

Et ass e schwierege Chantier. Et waren e ganze Koup Leit, déi virun eis do waren, an déi de Chantier net wollten ugoen. Well si wousten, datt et e komplizéierte Chantier wier. Mä deen heite Schäfferot huet awer dee Schantjen an Ugrëff geholl.

Mir sinn elo bei der Schoulstrooss ukomm a mir kënne schonn eng Couche de roulement drop maachen, esou datt déi Strooss wéinstens emol erëm befuerbar gëtt. Domatter ass et awer nach net eriwwer. Well wa mer an d'rue du Commerce kommen, da musse mer kucken, wéi mer mat deem Chantier weiderfueren. An en Dënschdeg wäerte mer mat de Leit op der Plaz diskutéiere fir déi beschte Léisung ze fannen.

**Bosseler Camille (CSV):**

Et ass elo scho vill beäntwert ginn. Et wëll nëmme just nach soen, datt sech déi Saach mat de Schëlter awer scho verbessert huet. Zum Beispill ënnen op der Rodanger Gare an och uewen erëm duerch d'Duerf ass Lasauvage emol ugewisen. Esou datt een de Wee elo emol op Lasauvage fënnt. Well do hate sech d'Leit och beschwéiert. Et bleift ze hoffen, datt et geschwë besser geet.

**Ratification à l'unanimité. M. Pierre, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 12.2.

### Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière portant sur le renouvellement des infrastructures dans les rues Pierre Hamer, Mathias Adam, Ecoles, Batty Weber et Pierre Grégoire à Pétange – ratification.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

An dëse Stroosse sollen och d'Infrastrukturen nei gemaach ginn. Wat awer elo muss mat dësem Reglement ratifizéiert ginn, ass den Déplacement vum Busarrêt.

Déi Aarbechten, déi hei stinn, ginn och alleguerte gemaach. Mä elo geet et emol drëm, datt de Schoulhaff 'An Eigent' nei gemaach gëtt an dat Stéck, wou fir de Moment de Schoulbus gehalen huet, gëtt an de Schoulhaff integréiert. Den Arrêt vum Bus gëtt spéiderhi méi eropgeluegt, a Richtung rue Edward Steichen. Fir de Moment musse mer awer de Busarrêt fir de Schoulbus bei d'Entrée vun der Maison Relais setzen. A mir mussen haut dës Ännerung stëmmen, fir datt se och esou an eisem Verkéiersreglement drastoe kënnt.

Wéi gesot, dëst Reglement betrëfft elo nëmmen de Busarrêt an net déi Aarbechten, déi spéider an deene Stroosse ronderëm d'Schoul solle gemaach ginn. Well am Kontext mat deenen Aarbechte wäerte mer nach hei Diskussiounen am Gemengerot féieren.

**Ratification à l'unanimité. M. Pierre, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 13.1.

### Vie associative.

Modification des statuts du Syndicat d'Initiative de Pétange – information.

**Breyer Roland, Schäffen:**

De Péitenger Syndicat d'Initiative huet eis eng Ëmännerung vun hire Statuten erageschéckt. Hei geet et haaptsächlech drëm, datt d'Delegatioun vun der fréierer Veräinsentente vu Péiteng, déi net méi besteet, an och gläichzäiteg de Geschäftsverband, deen nach besteet, net méi d'office am Comité vertruede sinn. Mä et ass dat elo e Comité, deen einfach nëmme méi gewielt gëtt a wou keng Delegatioune méi dra sinn.

**Il en est pris acte.**

## 13.2.

**Vie associative.**

Statuts de l'asbl « BVB Fanclub Lëtzebuerg-Süd » - information.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Hei geet et drëm fir Acte ze huele vun de Statute vum Fanclub vu Borussia Dortmund.

**Il en est pris acte.**

## 13.3.

**Vie associative.**

Dissolution du « Péitenger Computer Club » - information.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

De Péitenger Computer Club ass 1986 gegrënnt ginn a si hunn eis informéiert, datt se de Club géifen opléisen. De Sold, deen an der Keess ass – et sinn dat 338,04 Euro – sinn op de 4. Abrëll 2013 un d'Recette communale iwwerwise ginn, esou wéi dat och an de Statute virgesi war. Domatter hätte mer ee Veräi manner op der Lëscht vun de subsidiéierte Veräiner.

**Il en est pris acte.**

# Gemeinderatssitzung vom 13. Mai 2013

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Gilbert** (DP)<br>**Thein Joé** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV),
**Mertzig Romain** (LSAP)

**1. - Gemeindepersonal.**

Eigenkündigung eines Beamten – Beschluss.

Dieser Punkt wurde in Geheimsitzung behandelt.

**2.1. - Soziales.**

Eigenkündigung einer diplomierten Erzieherin - Information.

Dieser Punkt wurde in Geheimsitzung behandelt.

**2.2. - Soziales.**

Ernennung eines graduierten Erziehers (w/m) - Beschluss.

Der Gemeinderat Petingen hat einstimmig beschlossen, folgende Entscheidung zu veröffentlichen:
Herr Thierry Rolles wird als Erzieher mit Vollzeitbeschäftigung (40 Stunden/Woche) für die Bedürfnisse der Maisons Relais eingestellt.

**3. - Musikunterricht.**

Eigenkündigung eines Kursleiters.

Dieser Punkt wurde in Geheimsitzung behandelt.

**4. - Bilanzpräsentation der „assistante d'hygiène sociale" des „service médico-socio-scolaire".**

Dieser Punkt wurde in Geheimsitzung behandelt.

**5. - Mitteilungen des Schöffenrates.**

Die Konten des Jahres 2012 wurden mit einem positiven Resultat abgeschlossen und garantieren somit die Finanzierung des Mehrjahresplanes der Gemeinde Petingen.

**6.1. - Allgemeine Verwaltungsfragen.**

Einnahmen, welche beim Abschluss des Geschäftsjahres 2012 noch einzutreiben bleiben - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.2. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Allgemeine Erlaubnis, gerichtlich im Fall der Eintreibung nicht bezahlter Rechnungen vorzugehen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.3. - Mitteilung des Schöffenkollegiums.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 15.778.769,02 Euro – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ersetzung eines Mitglieds der Jugendkommission - Beschluss.

Geheime Abstimmung: Herr Fabien Hermes aus Lamadelaine wurde mit 14 Ja-Stimmen und 1 Enthaltung als neues Mitglied der Jugendkommission bestimmt.

### 7. - Öffentliche Ordnung

Verlängerung der Öffnungszeiten der öffentlichen Ausschankstätten anlässlich des Straßenverkaufs in Rodange/Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.1. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich der Abtretung von Grundstücken der Firma Atrium Promotions S.à.r.l. - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.2. - Liegenschaften.

Akt mit den Erben von Herrn Camille Kaufmann zwecks Grundstückstauschs in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 8.3. - Liegenschaften.

Bewilligung des Mietvertrags mit dem Luxemburger Staat zwecks Mietung eines Schulpavillons auf dem ehemaligen Gymnasiumgelände – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9. - Schulwesen.

Schulorganisation 2013/2014 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10. - Umwelt.

Absichtserklärung bezüglich der elektromagnetischen Felder von Mobiltelefonen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 11. - Kultus.

Akt zwischen der Kirchenfabrik Rodange und der „Al Rodanger Guiden a Scouten asbl“ zwecks Abtreten eines Grundstücks in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung mit 12 Ja-Stimmen (CSV, DP, adr, Herren Brecht, Linden, Pierre) und 3 Enthaltungen (déi gréng, Frau Gonçalves).

### 12.1. - Transport und Kommunikation.

Dringlichkeitsverordnung im Bereich Verkehr zwecks Erneuerung der Infrastrukturen im Chemin de Brouck sowie in der rue du Clopp in Rodange – Ratifizierung.

Ratifizierung einstimmig. Herr Pierre hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 12.2. - Transport und Kommunikation.

Dringlichkeitsverordnung im Bereich Verkehr zwecks Erneuerung der Infrastrukturen in folgenden Straßen: rue Pierre Hamer, Mathias Adam, des Ecoles, Batty Weber und Pierre Grégoire in Petingen - Ratifizierung.

Ratifizierung einstimmig. Herr Pierre hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 13.1. - Vereinswesen.

Änderung der Statuten des „Syndicat d'Initiative de Pétange" - Information.

Der Gemeinderat hat dies zur Kenntnis genommen.

### 13.2. - Vereinswesen.

Statuten der „BVB Fanclub Lëtzebuerg-Süd asbl" Information.

Der Gemeinderat hat dies zur Kenntnis genommen.

### 13.3. - Vereinswesen.

Auflösung des „Péitenger Computer Club" -Information.

Der Gemeinderat hat dies zur Kenntnis genommen.

# Questions des conseillers communaux

# Réponses du collège des bourgmestre et échevins

## Question écrite du 21 mars 2013 de M. Joé Thein (adr):

**Betrëfft: Convocatioun fir d'Gemengerotssëtzungen**

D'adr hätt eng wichteg administrativ Fro, déi am Zesummenhang mat de Convocatioune vun de Gemengerotssëtzungen, bzw. der Dagesuerdnung vum Gemengerot steet. Hei stellt d'Partei fest, datt dës an der franséischer Sprooch verfaasst ginn, contrairement zum Gemengerot, deen de facto a lëtzebuerger Sprooch ofgehale gëtt.

D'adr wéilt gäre wëssen:

- Aus wéi enge Grënn gëtt d'Dagesuerdnung vum Gemengerot net an der lëtzebuerger Sprooch opgesat?
- Wann d'Intressi un der Opwäertung vun der lëtzebuerger Sprooch an dem Kontext net envisagéiert gëtt, wat gëtt et dann zu der Alternativ ze soen, déi franséisch Dagesuerdnung mat enger lëtzebuergescher Versioun ze annexéieren?

## Réponse écrite du 15 avril 2013 du collège des bourgmestre et échevins:

An Ärem Bréif vum 21. Mäerz 2013 frot Dir, firwat d'Dagesuerdnung vum Gemengerot net a lëtzebuerger Sprooch opgesat gëtt. Als Alternativ proposéiert Dir, eng lëtzebuergesch Versioun zousätzlech zu där franséischer Dagesuerdnung auszedeelen.

Hei zu Lëtzebuerg ginn et dës dräi administrativ Sproochen: Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch.

Well déi meescht administrativ Reglementer an Dossieren a franséischer Sprooch verfaasst sinn, gëtt d'Dagesuerdnung vun de Gemengerotssëtzungen och op Franséisch festgehalen.

## Question écrite du 21 mars 2013 de M. Joé Thein (adr):

**Betrëfft: Sportshal fir Hënn**

D'adr félicitéiert dem Péitenger Hondsveräin ganz ausdrécklech fir hir national an international Erfolleger. Dëse Succès sollt belount ginn, an dofir fënnt d'adr, datt d'Péitenger Gemeng eng Investitioun an eng Sportshal fir d'Hënn sollt envisagéieren a realiséieren. D'adr weess natierlech, datt dëse Projet net am jëtzege "plan pluriannuel" virgesinn ass, an datt een déi Käschten dann op anere Plazen decke miisst. Trotzdem sollt de Schäfferot vläicht seng Prioritéiten änneren a freet an dësem Kontext ëm folgend Äntwerten:

- Gesäit de Schäfferot dee selwechten Intressi wéi den Hondsveräin an d'adr, un der Realisatioun an der Noutwennegkeet vun enger Sportshal fir Hënn?
- Wier de Schäfferot kompromëssbereet a géing d'Sportshal fir Hënn als eng Prioritéit nach nodréiglech an de "plan pluriannuel" ophuelen?

## Réponse écrite du 15 avril 2013 du collège des bourgmestre et échevins:

An Ärem Bréif vum 21. Mäerz 2013 félicitéiert d'adr dem Péitenger Hondsveräin ganz ausdrécklech fir hir national an international Erfolleger.

Heizou ass awer ze bemierken, datt och d'Amis du Chien Lamadelaine national Erfolleger gefeiert hunn (ë.a. gouf de Manuel Kauth Landesmeeschter bei der Hondsféierung).

Wat elo Är Demande ugeet fir eng Sportshal fir Hënn an der Gemeng opzeriichten, esou ass am aktuelle "plan pluriannuel" keen esou ee Projet virgesinn.

Well d'Terrainen niewent dem Péitenger Hondsterrain an der Gréngzon leien, ass et net méiglech, do eng Hal fir Hënn ze bauen.